
# De Louis

De Schierener Buet



Schieren

N: **64** NOVEMBER 2021

## Un dëser Nummer hu matgeschafft:


**Text a Fotoen:**

ACFL
Berwick Guy
Cesar Sandy
D'Chorale Caecilia Schieren
D'Educateuren aus der Crèche Bim Bam
D'Léierpersonal an d'Schüler
Esslingen Nora
FC Schieren
Gaart an Heem
Gillen Josiane a Pierre
Goerens Mil
Kayser Alfred
Kries Tessy
Landjugend Dikkrech
Ley Monique
Marin Tania
Nordstadjugend
Pechon Daniel
Pletschette Camille
Pütz Michel
Red Barons Schieren
Schartz Agnès a Camille
Schierener Meedercher
Schlentz Jerry
Schmit Änder
Schneider Gilles
Siebenaler Lisa (SICONA)
TC Schieren
Thill Carlo
Thill Eric
Turnveräin Schieren
Weis Yves
Zeimes Jean-Paul
All aner Memberen aus Veräiner a Kommissiounen

**Layout:**

Varela Mata Marcelo Manuel (Cover)
Yvette Rehlinger

**Cover:**

Foto: © Gemeng Schieren

**Drock:**

exepro.lu
PRINT & PACKAGING
TROISVIERGES

Gedréckt op Luxoart Silk 135 g

FSC MIX Paper from responsible sources FSC® C008551 www.fsc.org

**Oplo:**
1.000

myclimate neutral Imprimé
myclimate.org/01-21-798188


## An dëser Nummer

### Eis Gemeng


Virwuert ... 3
Certificats de publication ... 6 / 9 / 11
Séances du conseil communal ... 4 / 10
Aarbechten un der Aler Schoul ... 12
Héichwaasser Juli 2021 ... 16
Eist neit Personal ... 18
Informatiounsversammlung Projet Wandkraaft zu Schieren ... 19
D'Buchenallee gëschter, haut a muer ... 20
Dee neie Schoulbuet ... 22
Aufwertung der Grünfläche in der Cité Wieschen ... 24
Sicona: Blummewisen am Siedlungsberäich ... 26
Verkéiersberouegung am PAP Wieschen ... 27
Commemoratiounsdag 2021 ... 28
Leitbild & Mobilitéitskonzept Nordstad 2035 ... 29


### Reportagen


Schoulrentrée mam Pedibus ... 30
Merci dem Raymond Hess fir iwwer 50 Joer Schierener Benevolat ... 32
PORTRAIT – L'histoire d'une passion ... 34
Power-Aktioun vun der Landjugend Dikrech ... 36
Fotoen aus der Schoul fréier ... 38
Voyage de Bissen à Diekirch ... 39
D'So vum Schlass vu Meringen ... 41
Le chantier de la Montée de Nommern ... 42
SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS ... 45
F.C JEUNESSE SCHIEREN Anniversaire 75 Joer ... 48
50 Joer Fraen a Mammen Schieren ... 50
Beschreiwung vun der ACFL ... 53
Qualitéitswanderweeër am Norde vum Land ... 54


### Kanner a Jugend


Klassefotoen Cycle 1 an 2 ... 56
Schierener Schoul – Léierpersonal 2021–2022 ... 61
Kooperatioun an lokal Vernetzungen ... 62


### Veräiner a Kommissiounen


TC Schieren – Summersaison 2021 ... 63
Chorale – Generalversammlung 2021 ... 65
Gaart an Heem Schieren ... 67
Informatiounen: Par a Kulturkommissioun ... 69
FC Jeunesse Schieren – Saison 2020–2021 ... 70
D.C. Red Barons Schieren ... 72
Turnveräin Schieren ... 73
Summeraktivitéite fir di Jonk vun der Nordstadjugend ... 74
Phantasialand Brühl – 13. September 2021 ... 76
Schierener Meedercher on Tour ... 78


### Verschiddenes


CFL – Chantier Passerelle ... 80
De Panorama ... 83
Informations utiles ... 87


### Kalenner

**De Manifestatiounskalenner fannt Dir op www.schieren.lu**

# Virwuert

## Léif Schierener Matbierger,

Mir hunn e Wee hannert eis, deen alles aneschters wéi einfach war. De COVID-19 Virus huet Lächer an eiser Mëtt hannerlooss. Mënschen, déi de Covid-19 aus dem Liewe gerappt huet, an déi eis batter feelen.

Grad elo ass et wichteg no vir ze kucken!

Mir sinn dem Enn vun der Pandemie ganz no. Mee mir sinn nach net ganz um Zil ukomm. Wann ech kucke wou mir haut stinn, dann däerfe mir eis Ustrengungen elo net noloossen. Ze vill hu mir missen opginn. Mir mussen all zesummen, weider mat Solidaritéit a géigesäitegem Respekt un enger Exit-Strategie schaffen. Ee gemeinsame Wee no vir!

Elo, wou mir amgaange sinn d'Course géint de Virus ze gewannen, ass nämlech de Moment, fir d'Zäit no der Pandemie ze preparéieren.

A genau dëst huet de Schäfferot rezent mat der Upassung vum Plan pluriannuel de financement (PPF) gemaach. Nieft der Aler Schoul, e Chantier deen d'nächst Joer wäert ofgeschloss ginn, wäert an de nächste Jore kontinuéierlech an eise Stroossebau, eis Sportsinfrastrukturen, an déi erneierbar Energien a och an eis Schoul- a Betreiungsstrukturen investéiert ginn. An dem Kontext, sinn ech frou dass den Ausbau vun der Maison Relais nächste Summer wäert kënnen ufänke fir esou eise Schüler adequat a funktionell Schoul- a Betreiungsstrukturen ze bidden, déi deene stänneg klammende Schülerzuele gerecht ginn.

Dës villfälteg Projeten, déi ambitiéis an zukunftsorientéiert Investissementer bedeiten, wäerten d'Schierener Gemeng nohalteg a laangfristeg weiderentwéckelen. Eng Hellewull vu Projeten déi iwwert déi nächst Joren d'Schierener Duerfbild wäerte prägen, an d'Liewensqualitéit vun der aktueller, an och den zukünftege Generatioune wäerte verbesseren.

Léif alleguerten, am Juli stounge ganz Deeler vun eisem Land ënner Waasser. Vill Familljen an Entreprisen uechtert d'Land stounge virun dem nämmlechte Leed. Si goufe vun de Waassermassen iwwerrascht a krute bannent Stonnen hir Liewensexistenz ënnert de Féiss ewechgerappt. Och wann d'Regierung direkt finanziell Ënnerstëtzung zougesot huet fir de materielle Schued auszegläichen, wäert den emotionale Schued, iwwert déi nächst Wochen, Méint jo Joren nëmme schwéier gutt ze maache sinn. Wäertvoll Erënnerungen si fir ëmmer zerstéiert an d'Angscht virun der nächster Katastrophe ass omnipresent.

D'Gemeng Schieren ass glécklecherweis am Verglach zu villen anere Gemengen uechtert d'Land mat engem bloen Aen dervu komm. Et grenzt un e Wonner, datt dës Katastrophe keng Mënscheliewen zu Lëtzebuerg gefuerdert huet an et zum Gléck just beim héije Materialschued bliwwen ass. Ech wëll op dëser Plaz eise Rettungsdéngschter, eise Gemengenaarbechter an all deene ville Leit Merci soen, déi sech solidaresch mat hire Matmënsche gewisen hunn.

Léif alleguerten, loosse mer mat Optimissem no vir kucken, a mat neier Energie di nächst Erausfuerderungen unhuelen.

Ech wënschen Iech elo scho schéi Wantermëint.

Am Numm vum Schäfferot



*Eric THILL*
*Buergermeeschter vun der Gemeng Schieren*

## Séance publique du 14 juillet 2021

***Présent(e)s:*** Thill Eric – *bourgmestre*
Pletschette Camille, Zeimes Jean-Paul – *échevins*
Kries Tessy, Pfeiffer Susi, Wirth François – *conseillers*
Schaul Camille – *secrétaire communal*
***Absent(e)(s):*** ***a) excusé:*** Heischbourg Patrick – *conseiller*
***b) sans motif :*** /
***Vote par procuration :*** Schloesser Alexis – *conseiller*, a donné procuration à Thill Eric – *bourgmestre*

**Le CONSEIL COMMUNAL décide :**

1. unanimement d'approuver pour l'année 2021 l'attribution d'une prime de solidarité de 250,00 € par personne isolée et 150,00 € par personne supplémentaire selon les modalités arrêtées par l'Office social Nordstad.
2. unanimement d'approuver le contrat pacte climat 2.0 conclu le 7 juin 2021 entre l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg, le groupement d'intérêt économique My Energy et le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Schieren. Le but du contrat consiste dès lors de continuer et de fortifier l'engagement des autorités locales, qui a déjà été amorcé par le pacte climat 1.0, en renforçant les objectifs et en étendant le catalogue des mesures, notamment en matière de réduction des émissions de gaz à effet de serre, d'efficacité énergétique et de promotion des énergies renouvelables. Le respect du contrat en question contribue ainsi aux efforts nationaux de lutte contre le changement climatique et la mise en œuvre du plan national intégré en matière d'énergie et de climat.

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech

3. unanimement d'approuver la convention « Pedibus » conclue le 5 juillet 2021 entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Schieren et l'organisme gestionnaire Anne ASBL. Le but de cette convention consiste à mandater la direction de la Maison Relais Rousennascht de l'exécution des missions inhérentes au service Pedibus.
4. unanimement d'arrêter le règlement d'utilisation du service Pedibus suivant :

**Art. 1 : Généralités**

- Le règlement est valable à partir de l'année scolaire 2021/2022 et peut être adapté par décision du conseil communal.
- Le règlement d'utilisation du service PEDIBUS détermine les règles à respecter par les écoliers inscrits, les responsabilités de leurs parents et celles des accompagnateurs.
- L'administration communale de Schieren a mandaté l'organisme gestionnaire Elisabeth – Anne asbl pour l'exécution d'un service PEDIBUS pendant la période scolaire.
- Le service assure l'accompagnement des enfants inscrits au service PEDIBUS sur les circuits et aux horaires définis à l'article 3 du présent règlement.
- Le service est réservé aux écoliers des cycles 1, 2, 3 et 4 fréquentant l'école fondamentale de la commune de Schieren.
- Le service PEDIBUS est offert gratuitement à tous les écoliers et n'est donc pas un service soumis aux dispositions du « Chèque-Service Accueil ».

**Art. 2 : Inscription**

- Les écoliers fréquentant l'école fondamentale de la commune de Schieren sont inscrits, moyennant un formulaire d'inscription, par leurs parents pour l'année scolaire en question.
- L'inscription est en principe valable pour une année scolaire. Une adaptation bi-annuelle des inscriptions sur base d'un bilan intermédiaire avant les vacances de Noël est possible sous la responsabilité du collège des bourgmestre et échevins.

**Art. 3 : Circuits et horaires**

Les circuits et horaires du service PEDIBUS à partir de l'année scolaire 2021/2022 sont définis comme suit :

**Ligne 1 : Rue des Vergers – École fondamentale**
**(Accompagnement LU / MA / ME / JE / VE > trajet du matin)**

| N° | Arrêt | Aller |
|---|---|---|
| 1 | Coin Rue des Vergers – Rte de Luxembourg | 07h38 |
| 2 | Arrêt de bus / Schieren Faubourg | 07h40 |
| 3 | Coin 53, Rte de Luxembourg – Rue des Jardins | 07h44 |
| 4 | Coin Rte de Stegen – Rue du X Septembre | 07h47 |
| 5 | Arrivée > École fondamentale | 07h50 |

**Ligne 2 : Montée de Nommern – École fondamentale**
**(Accompagnement LU / MA / ME / JE / VE > trajet du matin)**

| N° | Arrêt | Aller |
|---|---|---|
| 1 | Coin Montée de Nommern – Rte de Luxembourg | 07h36 |
| 2 | Coin Ënner den Thermen – Beim Wäschbur | 07h39 |
| 3 | Coin Rue Verte – Réimerwee | 07h42 |
| 4 | Coin Beim Baseng – Ënner den Thermen | 07h46 |
| 5 | Arrivée > École fondamentale | 07h50 |

Les circuits et horaires du service PEDIBUS peuvent être adaptés par décision du conseil communal.

**Art. 4 : Engagement des parents**

- Les parents ayant inscrit leur(s) enfant(s) au service PEDIBUS assurent que leur enfant est présent à l'arrêt à l'heure exacte de passage des accompagnateurs (déterminée dans l'horaire figurant à l'article 3 du présent règlement). Pour garantir le bon fonctionnement du service PEDIBUS, les accompagnateurs ne peuvent pas attendre les retardataires aux arrêts.
- Les parents doivent obligatoirement informer, en temps utile, le responsable de la Maison Relais Rousennascht pour tout changement ou absence de leur enfant (p.ex. maladie, retard, etc.). Les informations telles que les absences en cas de maladie ne sont pas transmises automatiquement de l'école fondamentale au responsable de la Maison Relais Rousennascht.

**Art. 5 : Règles à respecter par les écoliers**

- Les écoliers doivent respecter les consignes des accompagnateurs et adopter un comportement permettant de garantir leur propre sécurité et celle des autres écoliers du groupe.
- Ils doivent rester groupés à tout moment.
- L'administration communale se réserve le droit d'exclure des écoliers pour une durée déterminée en cas d'avertissements répétés pour comportement agressif, violent, dangereux, non-discipliné ou intolérable. En cas de non-respect des consignes de sécurité et de discipline, le titulaire de classe de l'élève ainsi que l'administration communale en sont informés par le responsable de la Maison Relais Rousennascht. Dans ce contexte, les parents de l'écolier sont informés par écrit de la mesure disciplinaire décidée par l'administration communale.

**Art. 6 : Responsabilités des accompagnateurs**

- Les accompagnateurs doivent obligatoirement être présents aux arrêts et horaires auxquels ils sont affectés.
- En cas d'indisponibilité exceptionnelle, ils doivent en informer, en temps utile, le responsable de la Maison Relais Rousennascht.
- Ils doivent contrôler le nombre d'écoliers tout au long du parcours.
- L'administration communale doit être informée sans délai de tout dysfonctionnement fragilisant la sécurité du groupe.
- Les accompagnateurs doivent respecter les règles du code de la route concernant les piétons.
- Les accompagnateurs veillent à ce que les écoliers portent obligatoirement le gilet de sécurité mis à disposition par la commune de Schieren. En outre, ils sont responsables de la distribution et de la collecte journalière des gilets de sécurité.

**Art. 7 : Responsabilités de la Maison Relais Rousennascht (Anne asbl – elisabeth)**

- La Maison Relais Rousennascht est définie comme interlocuteur principal des parents d’élèves concernant le volet administratif du service PEDIBUS.
- Les dossiers administratifs, tels que l’envoi annuel des fiches d’inscription, la collecte y relative, la gestion journalière des absences des élèves, la gérance des statistiques annuelles, etc. seront assurés par la Maison Relais Rousennascht. Le secrétariat communal, ainsi que le comité d’école, épaulent la Maison Relais en leurs missions et devoirs administratifs.

**Art. 8 : Valeur de reconnaissance**

Le logo retenu pour garantir une certaine valeur de reconnaissance (panneaux d’affichage des arrêts et horaires, documents officiels, etc.) est le suivant :



**Art. 9 : Entrée en vigueur du présent règlement**

Conformément à l’article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, le présent règlement entrera en vigueur après approbation du conseil communal et 3 jours après sa publication y relative par voie d’affiche.

## Certificat de publication

Il est certifié par la présente que la délibération du conseil communal du 14 juillet 2021, portant introduction d’un règlement communal d’utilisation du service Pedibus, a été publiée et affichée à partir du 22 juillet 2021.

*Schieren, le 29 juillet 2021*
*Le collège des bourgmestre et échevins*

5. unanimement d’approuver l’accord de collaboration pour la fourniture des « Repas sur Roues » conclu le 5 juillet 2021 entre le collège des bourgmestre et échevins et la Croix-Rouge luxembourgeoise. Cet accord consiste à garantir la continuité du service des « Repas sur Roues » sur base d’une répartition des frais de 15,00 € à charge du client et de 10,00 € à charge des communes et que la Croix-Rouge luxembourgeoise assumera tout dépassement du budget global de 25,00 €.
6. unanimement de fixer le tarif par unité des « Repas sur Roues » à 15,00 € avec effet au 1er du mois qui suit l’affichage du présent règlement-taxe (après l’approbation ministérielle y relative) conformément à l’article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

## Certificat de publication

Il est certifié par la présente que la délibération du conseil communal du 14 juillet 2021, portant adaptation de la taxe relative au service « Repas sur Roues », a été publiée et affichée à partir du 5 août 2021.

*Schieren, le 23 août 2021*
*Le collège des bourgmestre et échevins*

7a avec 6 voix pour et 1 voix contre de fixer les taux multiplicateurs à appliquer pour l'année 2022 en matière d'impôt foncier comme suit :

| | | |
|---|---|---|
| A | PROPRIÉTÉS AGRICOLES | 400 % |
| B1 | CONSTRUCTIONS INDUSTRIELLES ET COMMERCIALES | 500 % |
| B2 | CONSTRUCTIONS À USAGE MIXTE | 500 % |
| B3 | CONSTRUCTIONS AUTRES USAGES | 250 % |
| B4 | MAISON UNIFAMILIALES / RÉSIDENCES | 250 % |
| B5 | IMMEUBLES NON-BÂTIS AUTRES QUE TERRAINS A BÂTIR À DES FINS D'HABITATION | 500 % |
| B6 | TERRAINS À BÂTIR À DES FINS D'HABITATION | 1500 % |

7b. unanimement de fixer à 300 % le taux multiplicateur à appliquer pour l'année 2022 en matière d'impôt commercial sur les bénéfices et capital d'exploitation.

8. avec 6 voix pour et 1 abstention d'arrêter le règlement communal régularisant l'allocation de subsides ordinaires, jeunesse et extraordinaires en faveur des associations locales suivant :

**Art. 1 : Généralités**

– L'objet et le but d'une association locale doivent avoir un caractère culturel, sportif, social ou d'intérêt commun.
– La demande d'un subside est réservée à toute association ayant son siège social sur le territoire de la commune de Schieren et dont les statuts sont déposés auprès de l'administration communale de Schieren.
– Dès l'entrée en vigueur du présent règlement, toutes les associations locales doivent transmettre leurs statuts actuels auprès de l'administration communale de Schieren. Toute adaptation ultérieure des statuts est à communiquer dans les meilleurs délais à l'administration communale de Schieren.
– La participation des associations locales bénéficiaires des subsides aux manifestations publiques organisées par l'administration communale de Schieren est souhaitée.

**Art. 2 : Subside ordinaire**

Le subside ordinaire annuel revenant à chacune des associations locales est fixé par décision du conseil communal.

***a) Tableau récapitulatif des subsides ordinaires 2021***

| Article | budgétaire | Association | 2021 |
|---|---|---|---|
| 3/229 | 648110 | Frënn vum 3. Alter | 1.192,00 € |
| 3/322 | 648110 | Pompjeesfrënn Schieren | 1.587,00 € |
| 3/259 | 648110 | Fraen a Mammen | 1.192,00 € |
| 3/259 | 648110 | Club des Jeunes Schieren | 1.192,00 € |
| 3/411 | 648110 | Coin de terre et du foyer | 1.192,00 € |
| 3/825 | 648110 | Football-Club Schieren | 5.984,00 € |
| 3/825 | 648110 | Tennis-Club Schieren | 2.381,00 € |
| 3/825 | 648110 | Turnveräin Schieren | 1.986,00 € |
| 3/825 | 648110 | Basketball-Club Schieren | 5.984,00 € |
| 3/825 | 648110 | Darts-Club Schieren | 1.192,00 € |
| 3/825 | 648110 | Bullemettien | 1.192,00 € |
| 3/836 | 648110 | Société de musique – Fanfare | 5.984,00 € |
| 3/839 | 648110 | Chorale Ste Cécile | 3.175,00 € |
| | | **TOTAL** | 34.233,00 € |

**Art. 3 : Subside jeunesse**

Le subside jeunesse annuel revenant à chacune des associations locales est fixé par décision du conseil communal

***a) Tableau récapitulatif des subsides jeunesse 2021***

| Article | budgétaire | Association | 2021 |
|---|---|---|---|
| 3/825 | 648110 | Football-Club Schieren – Jeunesse | 3.301,00 € |
| 3/825 | 648110 | Tennis-Club Schieren – Jeunesse | 1.415,00 € |
| 3/825 | 648110 | Basketball-Club Schieren – Jeunesse | 3.301,00 € |
| 3/836 | 648110 | Société de musique – Fanfare – Jeunesse | 1.415,00 € |
| | | **TOTAL** | 9.432,00 € |

En plus, la mise à disposition à chaque association locale d'un crédit de 500,00 € à utiliser dans le cadre d'activités spéciales de sa jeunesse, reste en vigueur jusqu'à décision contraire du conseil communal.

**Art. 4 : Subsides extraordinaires**

Un subside extraordinaire peut être attribué aux associations locales sur demande motivée auprès du conseil communal, pour les cas suivants :

***a) Les anniversaires des associations jubilaires***

*1) Principe d'allocation d'un subside anniversaire*

Le subside anniversaire est alloué par tranches de 25 années :

- 100 € / an pendant les 50 premières années
- 50 € / an pendant les années subséquentes, avec un plafond de 7.500,00 € pour donner le tableau non exhaustif suivant :

| | |
|---|---:|
| 25ième anniversaire : | 2.500,00 € |
| 50ième anniversaire : | 5.000,00 € |
| 75ième anniversaire : | 6.250,00 € |
| 100ième anniversaire : | 7.500,00 € |
| 125ième anniversaire et suivants : | 7.500,00 € |

*2) Conditions d'allocation et liquidation du subside anniversaire*

- Un acompte de 25,00 € / an sera liquidé à l'association locale jubilaire sur présentation d'une demande écrite.
- Le solde, auquel l'association locale concernée a droit, sera liquidé par la commune de Schieren sur base de factures qui sont en relation directe avec des manifestations et publications extraordinaires réalisées dans le contexte des festivités d'anniversaire.
- Au cas où le montant total des factures présentées est inférieur au solde restant en souffrance, le découvert n'est pas dû.
- La liquidation de l'acompte est soumise à l'accord préalable du collège des bourgmestre et échevins, tandis que l'accord final à la liquidation du solde avec toutes les pièces à l'appui est soumis à l'approbation du conseil communal.

***b) Évènements, situations ou projets exceptionnels***

1) Un subside extraordinaire peut être alloué aux associations locales lorsque des évènements, des situations ou des projets exceptionnels peuvent générer des besoins financiers extraordinaires.

2) Demande d'un subside extraordinaire en cas d'évènements, situations ou projets exceptionnels

La demande y relative doit obligatoirement :

- être adressée au conseil communal avant la date où l'évènement aura lieu sauf en cas de force majeure
- être accompagnée d'une description détaillée avec indication des motifs et des buts de l'investissement
- être accompagnée d'un budget exact avec les pièces et offres de prix à l'appui.

Le conseil communal décide du principe et du montant de l'allocation d'un tel subside extraordinaire sur proposition du collège des bourgmestre et échevins.

L'accord final à la liquidation du subside extraordinaire avec toutes les pièces à l'appui est soumis à l'approbation du conseil communal.

**Art. 5 : Conditions d'allocation de subsides**

Pour être éligible à l'allocation d'un subside, l'association locale doit obligatoirement :

- fonctionner selon les principes des associations sans but lucratif
- tenir une assemblée générale annuelle, de laquelle la commune est à informer au moins une semaine en avance
- présenter les comptes financiers récents et son dernier rapport d'activités lors de l'assemblée générale.

**Art. 6 : Entrée en vigueur du présent règlement**

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, le présent règlement entrera en vigueur après approbation du conseil communal et 3 jours après sa publication y relative par voie d'affiche.

## Certificat de publication

Il est certifié par la présente que la délibération du conseil communal du 14 juillet 2021, portant introduction d'un règlement communal régularisant l'allocation de subsides en faveur d'associations locales, a été publiée et affichée à partir du 22 juillet 2021.

*Schieren, le 29 juillet 2021*
*Le collège des bourgmestre et échevins*

9a. unanimement d'approuver le projet de lotissement/morcellement relatif à la création de deux parcelles indépendantes sur un terrain sis dans la « Rue du Ruisseau » et inscrit au cadastre de la commune de Schieren, Section A.

9b. unanimement d'approuver le projet de lotissement/morcellement relatif à la création de deux parcelles indépendantes sur un terrain sis dans la « Rue Montée de Nommern / Rue Beim Wäschbur » et inscrit au cadastre de la commune de Schieren, Section A.

## Certificat de publication

Il est certifié par la présente que le conseil communal, par ses délibérations du 14 juillet 2021, a marqué son accord sur les lotissements (morcellements) des terrains suivants :

Parcelles inscrites au cadastre de la commune de Schieren, section A, sous les numéros :

- 86/4961 au lieu-dit"Rue du Ruisseau" contenant 1,21 ares (2 lots)
- 1239/3944 au lieu-dit"Montée de Nommern" contenant 22,60 ares (2 lots)

Il est certifié d'autre part que les lotissements (morcellements) prémentionnés ont été publiés et affichés de la manière usuelle dans la commune de Schieren à partir du 22 juillet 2021 et que le public a pu en prendre connaissance au secrétariat communal (article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988) et sur le site internet de la commune de Schieren.

*Schieren, le 29 juillet 2021*
*Le collège des bourgmestre et échevins*

10. unanimement d'approuver divers actes notariés (cessions gratuites) reçus par-devant les notaires Elvinger et Kolbach et conclus entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Schieren et :
    - la société Cimalux SA
    - la société Creos Luxembourg SA
    - les consorts Nilles Jessica et Nilles Myriam
    - la société Immo Kim SARL
    - les consorts Schmitz Marc et Nilles Jessica
11. unanimement d'approuver en bloc un lot de titres de recettes de l'exercice 2021 établi par le collège des bourgmestre et échevins.

## Redaktiounsschluss Louis Nr. 65

**De Redaktiounsschluss fir d'Artikelen eranzereeche vum Louis 65 ass den 11. Februar 2022.**

D'Verdeelung ass Ufanks Mäerz virgesinn.

Aus organisatoresche Grënn wiere mir lech alleguer dankbar, wann Dir dësen Delai géift respektéieren an eis doduerch d'Aarbecht géift erliichteren.

## Séance publique du 29 septembre 2021

***Présent(e)s:*** Thill Eric – *bourgmestre*
Pletschette Camille, Zeimes Jean-Paul – *échevins*
Kries Tessy, Pfeiffer Susi, Schloesser Alexis, Wirth François – *conseillers*
Schaul Camille – *secrétaire communal*
Weis Yves – *secrétaire communal remplaçant (pt 13 de l'ordre du jour)*

***Absent(e)(s):*** ***a) excusé:*** Heischbourg Patrick – *conseiller*
***b) sans motif :*** /

**Le CONSEIL COMMUNAL décide :**

1. unanimement d'approuver en bloc un lot de titres de recettes de l'exercice 2021 établi par le collège des bourgmestre et échevins.

2a. unanimement d'approuver le projet de lotissement/morcellement relatif à la création de trois parcelles indépendantes sur un terrain sis dans la « Route de Luxembourg, n°13-19 ».

2b. unanimement d'approuver la demande relative à la mise en commun de deux parkings en sous-sol (bloc 1 et bloc 2) concernant la construction d'un immeuble résidentiel dans la « Route de Luxembourg, n°13-19 ».

3. unanimement d'approuver un acte notarié (cession gratuite) conclu entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Schieren et l'État du Grand-Duché de Luxembourg concernant des fonds sis dans la « Rue Jean-Pierre Schuster ».

4. unanimement d'approuver un contrat de bail conclu entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Schieren et Monsieur Engel Luc concernant un fonds sis à Schieren au lieu-dit « Ewenzigebierg ».

5. unanimement d'approuver deux contrats de concession au cimetière de Schieren conclus entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Schieren et les consorts Berwick et Michels.

6. unanimement de confirmer deux règlements temporaires d'urgence de la circulation du 22 juillet 2021, numéros 20210722a et 20210722b, concernant l'organisation du « Vëlosummer 2021 » et concernant la situation de stationnement dans le cadre des travaux de démolition du centre culturel « Al Schoul » à la hauteur de la « Route de Luxembourg, n°72 ».

7. unanimement d'appliquer à partir du 1er octobre 2021 le règlement interne proposé par le collège des bourgmestre et échevins ayant pour objet la simplification de la procédure de l'exercice du droit de préemption.

8. avec 6 voix pour et 1 voix contre d'approuver le décompte de travaux extraordinaires concernant la mise en place du chemin pédestre « KulTour » par l'installation de piliers fixes pour expositions d'art sur diverses places publiques et présentant une dépense effective de 23.795,69 €.

9. unanimement d'arrêter des modifications budgétaires de l'exercice 2021 avec des crédits supplémentaires se chiffrant à 32.250,00 €.

10. unanimement d'accorder à partir du 1er octobre 2021 une prime mensuelle de vingt (20) points indiciaires à l'ouvrier dirigeant pour le poste de « chef d'équipe » du service « Atelier communal » de la commune de Schieren.

11. unanimement de créer et de déclarer vacant un poste de fonctionnaire communal avec un taux d'occupation de 100% dans la catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe de traitement scientifique et technique (ancienne carrière de l'ingénieur-technicien) pour le Service Technique de la commune de Schieren et de supprimer par contre le poste de fonctionnaire communal avec un taux d'occupation de 100 % dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe de traitement scientifique et technique (décision du conseil communal de Schieren du 5 juin 2019, approbation ministérielle du 29 juillet 2019, réf. n°900/19).

12. Discussion libre

**Séance à huis clos / Vote secret :**

13. de nommer Monsieur Camille Schaul, secrétaire communal, dans le groupe de traitement A2 avec effet au 1er octobre 2021.

## Remarque générale :

Les rapports reproduisent brièvement les décisions formelles prises par le conseil communal en séances du 14 juillet et 29 septembre 2021.

Les indications susvisées sont données sans engagement et sous toutes réserves.

En cas d'incohérence, d'erreur ou de divergence, seules les délibérations dûment signées par la majorité des membres du conseil communal font foi.

*Le collège des bourgmestre et échevins*

# Certificat de publication

Il est certifié par la présente que la délibération du conseil communal du 9 juin 2021 portant adaptation du règlement communal fixant les subventions pour l'acquisition d'appareils électroménagers à basse consommation d'énergie a été publiée et affichée à partir du 15 juin 2021.

*Schieren, le 18 juin 2021*
*Le collège des bourgmestre et échevins*



# D'Aarbechten un der Aler Schoul: Déi éischt Schrëtt si gemaach !



Mëtt Dezember 2020 sinn d'Aarbechten un dem neie Centre culturel „Al Schoul" am Zentrum vum Duerf ugelaf. Am Laf vun de folgende Wochen goufen d'Vollekskichen, d'Al Schoul an d'Al Gemeng komplett vun de Gemengenaarbechter ausgeraumt. An de Méint duerno huet de CIGR vun Dikkrech an den dräi Gebaier all déi liicht Strukturen (falsch Plaffongen, Kichen, Sanitäranlagen, etc.) ofgebaut.



D'Entreprise Carvalho, eng lokal Bauentreprise vun Colmer-Bréck huet den Zouschlag kritt fir de Gros oeuvre an huet am Mee mat de gréisseren Aarbechten ugefaangen. Esou gouf Mëtt Mee d'Gebai vun der Aler Schoul vu bannen komplett entkäert.






An der Päischtvakanz, wéi d'Gleise vun der CFL gespaart waren, huet d'Entreprise Carvalho déi al Scheier, an där am Wanter de lokale Bulleveräin trainéiert huet, ofgerappt.




Ufank Juni 2021 gouf d'Vollekskichen, an där iwwert Joerzéngte vill Fester gefeiert goufen, ganz ewech gerappt. Mëtt Juni sinn d'Ofrappaarbechten un der Aler Gemeng ugelaf. An dësem Gebai war, wéi de Numm et schonns seet, fréier d'Gemeng ënnerbruecht. An de Joren duerno gouf dëst Gebai vun de lokale Veräiner genotzt. Bis Enn Juni war och dëst Gebai ganz verschwonnen.




Enn Juni konnt de Kran fir dëse Chantier montéiert ginn. Am Banneberäich goufe statesch Sécherungsmoosnamen duerchgefouert an lescht Dallen am Fligel zu der Rue du Moulin ofgerappt. Ufank Juli goufen Deeler vum Daach ofgebaut an duerno konnten déi nei grouss Eisenträger vun den neien Dallen vum 1. Stack mam Kran op hir Plaz gehuewe ginn.





Bis Enn Juli goufen déi nei Dallen iwwert de Festsäll geschaalt an d'Eise geluecht, esou datt nach just virum Summercongé d'Bëtongsdallen konnte gegoss ginn.



No dem Congé collectif, Ufank September gouf de Keller vun der Aler Gemeng ofgerappt an déi zwee bestoend Kellere méi déif ausgeholl a geséchert.





Am September goufen d'Reschter vum Daach vun de Gebaier geholl an d'Ringankere fir de spéideren Daachopbau betonéiert. Déi Aarbechte goufen Ufank Oktober ofgeschloss. D'Firma Therres konnt duerfir, wéi geplangt Mëtt Oktober mat den Aarbechten un der Charpente ufänken. Gläichzäiteg gëtt de Keller vun der neier Annexe op der Plaz vun der Aler Gemeng gebaut.









# Héichwaasser Juli 2021

Mëtt Juli huet et 12 Stonne laang onënnerbrach mat héijer Intensitéit iwwer ganz Lëtzebuerg gereent. Doduerch ass d'Uelzecht aus hirem Bett geklommen. D'Schierener Gemeng huet dës Katastrophe verhältnisméisseg gutt iwwerstanen a Schlëmmeres konnt  verhënneren ginn.






De 15 Juli géint 8:00 Auer, huet d'Uelzecht en historeschen Hëchstpegel vun 385 cm ugewisen. Dëse Mooswäert läit däitlech iwwert der Cote alerte vun 230 cm an entsprécht domat engem HQ50.









D'Sportsinfrastrukturen an der „Rue de la Gare" waren am schlëmmste betraff. De Fussballterrain, den Tennisterrain an de Boulodrome louche komplett ënner Waasser an de Bulli huet sech säi Wee duerch d'Gebaier gesicht.









Eis Equipe zesumme mam Buergermeeschter weist vollen Asaz bei den Opraumaarbechten.

# Eist neit Personal








Ech sinn den **Tun Nosbusch**, 24 Joer al, a wunnen zu Veianen.

An menger Fräizäit maachen ech gäre Sport, dorënner Fitness a Lafe goen. Ech genéissen et, mat mengem Hond an der Natur spadséieren ze goen, wéi och a mengem Gaart ze schaffen.

Ech hu mäin Ofschloss als Elektrotechniker am Lycée Technique zu Ettelbréck gemaach. Duerno sinn ech 2 Joer bei de Cloos&Kraus op de Rouscht als Techniker fir Sträichanlage schaffe gaang. Duerno hunn ech 2 Joer bei der Societéit Back zu Bëttel als Elektriker geschafft, wou ech niewebäi d'Meeschterkaart als Elektriker gemaach hunn.

Elo sinn ech säit dem 1. Oktober 2021 hei zu Schieren am Atelier als Elektriker age-stallt, a freeë mech op eng wonnerbar Zesummenaarbecht mat der ganzer Gemeng.



Je m'appelle **SUYS Jérôme**, je suis âgé de 32 ans et j'habite à Arloncourt avec mon épouse et mes deux enfants.

Depuis le 1er septembre 2021 je renforce l'équipe de la commune de Schieren.

Après la réussite de mes études secondaires, j'ai exercé de multiples métiers, mal-heureusement sans jamais trouver un réel épanouissement. Mon parcours profes-sionnel dans divers domaines au Grand-Duché de Luxembourg m'a donné la chance d'apprendre et de bien maîtriser la langue luxembourgeoise. Après l'achat de ma maison, j'ai découvert une nouvelle passion : le jardinage.

N'ayant qu'un diplôme de secondaire et pas de réel métier en ma possession, j'eus l'idée qui changea ma vie : faire de ma passion, ma profession. C'est ainsi que je débutais, il y a 3 ans, mon apprentissage pour adultes en tant que pépiniéristes-paysagistes en la commune de Schieren, avec pour Maître, Tim Neises, « Viraarbechter » de Schieren.

Durant mes 3 années de formation, j'ai éprouvé un réel bonheur à travailler au service de la population de la commune de Schieren, et encore, j'ai noué une réelle amitié avec l'ensemble de l'équipe de notre commune.

Après l'obtention de mon diplôme de jardinier, il m'était difficile d'accepter l'idée que ces 3 années d'épanouisse-ment professionnel prennent fin. C'est pourquoi, je décidais de postuler comme jardinier auprès de la commune. Le fait que le Collège échevinal a bien retenu ma candidature constitue de surplus un grand témoignage de confiance en mes capacités de participer à la conception future de notre commune et à être au service de la population.

# Informatiounsversammlung : Projet Wandkraaft zu Schieren 07/07/2021





An der Versammlung ass ee kuerze Réckbléck zum Entstoe vun deem Projet gemaach ginn. 2018 huet d'Gemeng Schieren bei der Firma SOLER (www.soler.lu), déi zu Lëtzebuerg schonn eng grouss Erfarung bei dem Bau a Bedreiwe vu Wand a Waasserkraaftanlagen huet, nogefrot, ob een net och zu Schieren iwwer eng Installatioun vun engem Wandrad kéint als Gemeng ee Beitrag leeschten zum Erreeche vun den definéierte Klimaziler bis 2030. Et soll jo probéiert gi fir iwwer erneierbar Energië bis zu 25 % vum Stroumverbrauch zu Lëtzebuerg ofzedecken.

Nodeem SOLER déi éischt Analyse gemaach hat, ass no engem méigleche Standuert gesicht ginn, dee mat de Responsabelen op der Gemeng ofgestëmmt ginn ass. („auf Kommeschterdelt" op der Kopp Richtung Steeën) 2019 – 2020 sinn op dem Terrain déi néideg Wandmoossungen a verschidden Ëmwelt-Etudë lancéiert ginn.

No den éischte gudde Resultater, sinn elo d'Bierger informéiert ginn. Fir och si vun deem flotte Projet ze iwwerzeegen, sollte vun Ufank un all Donnéeën op den Dësch kommen. SOLER huet Informatiounen zu der geplangter Anlag geliwwert > Gesamtleeschtung vun der Anlag 4,2 MW mat enger geschätzter Joresproduktioun vun 9.5 Millioune kWh Stroum. Dat géif engem Duerchschnëttsverbrauch vun 2110 Haushalter pro Joer entspriechen an eng $CO_2$ Aspuerung vu 6.175 Tonne bedeiten. Fir SOLER ass et wichteg, dass bei all hire Projet'en déi si duerch d'Land plangen, déi national Grenzwäerter am Kontext vu Schall a Schiedworf vun de Propeller esou wei Ëmweltschutz agehale ginn. Och si bei der Entwécklung, dem Bau an dem spéidere Betrib ee reegelméissege Kontakt mat de Responsabele vun der Gemeng esou wéi och de Bierger aus der Gemeng wichteg. D'Bierger an och d'Gemeng wäerten d'Méiglechkeet hunn, sech finanziell un der Realisatioun vun der Anlag ze bedeelegen an och beim Verkaf vum Stroum dovu profitéieren.

An der Informatiounsversammlung, wou trotz Covid-Zäite ronn 40 Leit present waren, ass eng flott a konstruktiv Diskussioun entstanen an all Froen, och déi méi kritesch z.B. am Kontext Recycling vum Material, wann esou eng Anlag no enger bestëmmter Zäit ofgebaut muss ginn, konnte vu SOLER beäntwert ginn.

Insgesamt muss ee festhalen, dass eng positiv Approche zu deem Projet am Sall festgestallt ginn ass. De weidere Wee iwwer déi néideg Geneemegungsprozedure wäert vläicht dozou féieren, dass no enger Bauzäit am Joer 2023 ee Wandrad op de Koppe vu Schieren wäert dréinen. Dat als Orientéierungspunkt an der Landschaft mee och als Message, dass Schieren sech am Sënn vum Klimaschutz engagéiert.





# D'Buchenallee gëschter, haut a muer

## Gëschter

Wann ee versicht eppes iwwer eis Buchenallee vu fréier ze schreiwen, da fënnt een immens vill iwwert d'Biertrenger Schlass, e bëssen iwwert d'Baronsbréck awer kaum eppes iwwert d'Allee selwer.

An enger Chronik vun 1983 huet de fréieren Duerfschoulmeeschter René Peters en Alter vun 140 Joer fir d'Allee ernimmt. Si hätt dann haut ronn 180 Joer um Bockel. Op anerer Plaz geet Rieds dervun dass se am Ganzen aus 108 Buche bestan huet.

Et war bestëmmt impressionant wann de fréiere Staatsminister sech hei derduerch mat der Kutsch op den Zuch féiere gelooss huet, fir do op senger „privater" Gare an den Zuch ze klammen, fir an d'Stad ze fueren.



Foto: Werte und Zeitzeugen von Schieren (Raymond Hess 2015)

Och di Schierener, déi um Schlass geschafft hunn sinn dee stengege Pad an der Mëtt vun der Allee oft geträppelt fir dann iwwert d'Baronsbréck op hir Aarbecht ze kommen.

## Haut

Vun der ganzer Pracht vun der Allee ass leider haut net méi vill iwwereg bliwwen. Haut besteet d'Allee éischter nach just aus 3 Stécker:

Engt vun der Haaptstrooss bis bei d'Eisebunn, en zweet vun der Bunn bis bei di fréier Cegedelsleitung an en drëtt da bis zum Opgang op d'Baronsbréck.

Am ieweschten Deel stinn nach just 11 Beem an si sinn och leider net méi an engem gudden Zoustand. Dësen Deel vun der Allee gehéiert nach den De Broqueville-Ierwen.

Den Deel vun der Bunn bis bei d'Bréck besteet nach aus 33 Beem sou dass am Ganzen vun den 108 Buchen der nach just 44 iwwreg sinn. Zimmlech rose war d'Baronesse Claudine de Broqueville wéi d'Cegedel an enger Nacht und Nebelaktioun, ouni ëm Erlabniss ze froen, eng ganz Partie Beem ewechgemaach huet fir eng Héichspannungsleitung riicht derduerch ze zéien. Zënter e puer Joer ass d'Leitung verschwonnen an et freet een sech ob et do net eng aner Méiglechkeet ginn hätt am Plaz di schéin Allee esou ze verschampeléieren.

An de leschte Joren ass d'Allee ëmmer méi an de Vergiess geroden......just nach e schmuelen Trëppelwee féiert haut derduerch, Gestraich, wëll Beem an héicht Gras fëllen haut déi Plazen, wou fréier di mächteg Buche stoungen.....just nëmme Schued!

Et sief nach gesot dass di déckste Buch déi nach steet een Duerchmësser vun 99 cm huet.

Impressionnant !

## A Muer?

Et besteet Hoffnung.



Fotoe vun elo wou een d'Allee gesäit sou wi se haut ass



© Schoentgen Marc

Di Schierener Gemeng ass 100% derfir, dass dëst wäertvollt Stéck vu Schieren soll erhale bleiwen an huet duerfir och schonn di richteg Weiche gestallt.

Sou huet d'Gemeng den 180 Meter laangen Deel ënnert der Bunn  matsamt jeeweils 10 Meter Akerland rechts a lénks dervu kaaft.

Domat soll verhënnert ginn, dass wéi bis elo bis quasi bei de Stamm vun den Beem geplout a geakert gëtt an dofir gesuergt ginn, dass d'Wuerzele vun de Beem déi nach stinn, net weider beschiedegt ginn. De Fierschter Gilles Schneider huet bestätegt, dass d'Buchen extrem sensibel am Wuerzelberäich sinn, an dass all Stéierung an deem Beräich sech negativ fir d'Buch auswierkt.

An enger Sëtzung am Mee 2021 huet de Schierener Gemengerot decidéiert fir d'Allee op d'Lëscht vun den nationalen Denkmaler setzen ze loossen.

D'Allee ass als „Vestige Culturel et Naturel" klasséiert a stellt en eenzegaartege Biotop duer. Effektiv ginn et quasi keng Alleeë wéi déi zu Schieren. Alleeë fënnt ee vill laanscht Stroossen, awer kaum eng wou an der Mëtt en onbefestegte Wee ass, an deen och nach bal net benotzt gëtt: en Dram fir d'Natur a seng Bewunner.

De Fierschter bestätegt och de schlechten Zoustand vun der Allee; mee dat ass zum Deel och normal well 180 Joer ass zimmlech de maximalen Alter dee Buche kënne kréien.

De Gesondheetszoustand vun all Bam ass dem Fierschter a senger Ekipp bewosst, a vu dass d'Gemeng hei mathëlleft wäert d'Allee och an Zukunft weiderbestoen.

Iwwert di lescht 10 Joer huet d'Buchenallee och immens gelidden ënnert der Dréchent. D'Buch ass eng Planz déi vill Reen brauch, an an deem Sënn ass 2021 e gutt Joer fir eis Allee; och wann se d'Dréchent vun deene Joren net ophieft.

Vill gutt Iddiien leien um Dësch, sinn awer nach net an enger Phase, wou een haut kéint soen wat schlussendlech zréckbehale wäert ginn. Alles soll am Sënn vun der Valorisatioun vun der Natur an dem Mënsch geschéien.

Elo gëtt emol an enger éischter Phase un de Beem geschafft. D'Beem déi dout sinn, ginn net ënnen ofgeschnidden, mee de Stamm bleift erhalen a just d'Äscht gi komplett ewechgeschnidden. Domat erhale mir hei en ideale Raum fir zum Beispill Insekten, Spiechten a Kaweechelcher.

Bei de kranke Beem gi just di doudeg Äscht ewechgeschnidden. Dëst alles geschitt och an der Absicht de Wee ënnendrënner méi sécher ze maachen.

Dann sollen och d'Gesträich an d'Hecken déi elo an der Plaz vun de Beem nogewuess sinn erhale bleiwe well se jo op eng natierlech Aart an Weis dohinner komm sinn.

Och wäert an der nächster Zäit de Kapp vun der Bréck op der Schierener Säit rëm fräigemaach ginn an et ass och ugeduecht fir nei Routbuchen ze planzen a vläicht och rëm di imposant Käschtebeem z'ersetzen.

Mat de Gemeinschaftsgäert an dem neie Vëloswee soll e Gesamtkonzept ëmgesat ginn, wou de Wëlle vun alle Säiten (Gemengenautoritéiten, Nature et Forêts (ANF), staatlech Institutiounen) besteet, eppes Eemoleges och fir di nächst Generatiounen ze erhalen.

Nach sinn di lescht gemeinsam Decisiounen net geholl , sou dass et ze fréi ass lo schonn ze soe wéi d'Allee herno definitiv wäert ausgesinn.

Eent ass haut scho sécher: wa mer d'Allee wëllen erhalen, dann däerf näischt um Wee derduerch geännert ginn, fir dat fragilt Wuerzelwierk net weider ze belaaschten.

Ech si mer sécher dass et weder dem Vëlosfuerer nach dem Foussgänger wäert eppes ausmaachen, wann do kee perfekte Makadamm läit..........d'Allee ass eis dat wäert.

Mir versichen an deenen nächste Méint a Joren iech reegelméisseg um Lafenden ze halen wou de Projet drun ass.

*GB (mat der Hëllef vum Fierschter Gilles Schneider)*

# Dee neie Schoulbuet

Zënter der Schoulrentrée 2021-2022 verdeelt d'Gemeng Schieren ee Schoulbuet un all Kanner aus de Cyclen 1-4, un d'Schoulpersonal an un d'Betreiungsstrukturen.

Gedréckt goufen 300 Exemplairen.



SCHOULBUET 2021 / 2022

rentrée scolaire 2021-2022

15/09

1. DÉBUT DE L'ANNÉE SCOLAIRE

L'année scolaire 2021-2022 commence le mercredi, 15 septembre 2021. Les élèves sont congédiés à la fin des cours de l'après-midi.

2. LES HORAIRES DE COURS

**Education précoce**

Les classes de l'éducation précoce débuteront le mercredi, 15 septembre 2021 à 8h00.

| | lundi | mardi | merc. | jeudi | vendr. |
|---|---|---|---|---|---|
| **matin** | 08-12h | 08-12h | 08-12h | 08-12h | 08-12h |
| **midi** | 14-16h | | 14-16h | | 14-16h |

**Le matin,** le temps d'arrivée se situe entre 7h45 et 9h00. Le temps de départ est fixé entre 12h00 et 12h15. **L'après-midi,** le temps d'arrivée se situe entre 13h45 et 14h00.

Le temps de départ est fixé **entre 15h45 et 16h00**.

Merci de respecter les horaires et de profiter des 15 minutes d'accueil assurées par les éducatrices avant et après les heures d'école. Il n'y a pas d'accueil après 16h00.

**Cycles 1.1 et 1.2.**

Les classes du cycle 1 débuteront mercredi 15 septembre 2021 à 8h00.
**Horaire :** le matin de 8h00 à 12h00 et l'après-midi de 14h00 à 16h00.

| | lundi | mardi | merc. | jeudi | vendr. |
|---|---|---|---|---|---|
| **matin** | 08-12h | 08-12h | 08-12h | 08-12h | 08-12h |
| **midi** | 14-16h | | 14-16h | | 14-16h |

**Cycles 2- 4**

Les classes des cycles 2-4 débuteront le mercredi, 15 septembre 2020 à **7h50**.
**Horaire :** le matin de 7h50 à 12h00 et l'après-midi de 14h00 à 16h00

| | lundi | mardi | merc. | jeudi | vendr. |
|---|---|---|---|---|---|
| **matin** | 7h**50**-12h00 | 7h**50**-12h00 | 7h**50**-12h00 | 7h**50**-12h00 | 7h**50**-12h00 |
| **midi** | 14-16h | | 14-16h | | 14-16h |

Les parents sont priés de veiller à ce que les élèves arrivent à l'heure à l'école. En cas de retards répétés, le personnel enseignant se réserve le droit d'inscrire des absences non- excusées.




An dësem neien Heft stinn all wichteg Informatioune kuerz a kompakt an engem lieserfrëndleche Layout. Och all neie Schüler, deen an dëser Gemeng an d'Schoul geet, kritt ee Schoulbuet an huet sou direkt all wichteg Informatioune beieneen.

Dëse Schoulbuet gouf erstallt vun der Schoulpresidentin Giusy Leone, dem Buergermeeschter Eric Thill an de Gemengebeamten Tania Marin an Yves Weis.

De Schoulbuet kennt dir och online kucken op:
www.schieren.lu



SCHOULBUET 2021 / 2022

pedibus schieren 2021/2022

nei

LIGNE 1
**Rue des Vergers - École fondamentale**

Accompagnement LU / MA / ME / JE / VE > trajet du matin

| N. | Arrêt | Aller |
|---|---|---|
| 1 | Coin Rue des Vergers - Rte de Luxembourg | 07h38 |
| 2 | Arrêt de bus / Schieren Faubourg | 07h40 |
| 3 | Coin 53, Rte de Luxembourg - Rue des Jardins | 07h44 |
| 4 | Coin Rte de Stegen - Rue du X Septembre | 07h47 |
| 5 | Arrivée > École fondamentale | 07h50 |

LIGNE 2
**Montée de Nommern – École fondamentale**

Accompagnement LU / MA / ME / JE / VE > trajet du matin

| N. | Arrêt | Aller |
|---|---|---|
| 1 | Coin Montée de Nommern - Rte de Luxembourg | 07h36 |
| 2 | Coin Ënner den Thermen - Beim Wäschbur | 07h39 |
| 3 | Coin Rue Verte - Réimerwee | 07h42 |
| 4 | Coin Beim Baseng - Ënner den Thermen | 07h46 |
| 5 | Arrivée > École fondamentale | 07h50 |

18



# parking et zones "kiss & go"


**EXPLICATIONS RELATIVES AUX EMPLACEMENTS DE PARKING AUTOUR DE L'ÉCOLE FONDAMENTALE.**

**Remarque préalable:**

Malgré l'augmentation sensible du nombre de parkings la commune recommande aux parents de favoriser la mobilité douce et d'inviter leurs enfants de rejoindre l'école soit à pied soit à vélo.

Ø **Parking pour enseignant(e)s**
(fermé par barrière)



## P1 parking - maison relais

**Adresse :** Rue Emile Tibessart

**Groupe-cible :**
- Elèves fréquentant la Maison R.
- Personnel de la Maison Relais
- Elèves du cycle C1
- Enseignants



## P2 parking - cité saint blaise

**Adresse :** Cité Saint Blaise

**Groupe-cible :**
- Exclusivement Cycle 1 (Parking limité sur 10 min!)

**Remarque :**
Les zones **"KISS AND GO"** (marquées en vert) sont destinées uniquement pour s'arrêter un bref instant pour déposer les enfants, **sans quitter la voiture**.



## P3 parking - route de stegen

**Adresse :** Accès de la route de Stegen vers l'école fondamentale

**Groupe-cible :**
- Tous les cycles

**Remarque :**
Un nouveau trottoir a été aménagé afin de garantir un accès sécurisé vers l'école.



## P4 kiss & go peusch

**Adresse :** Rue Peusch

**Groupe-cible :**
- Tous les cycles

**Remarque :**
Les zones **"KISS AND GO"** (marquées en vert) sont destinées uniquement pour s'arrêter un bref instant pour déposer les enfants, **sans quitter la voiture**.



## P5 parking - hall sportif

**Adresse :** 38, route de Stegen

**Groupe-cible :**
- Précoce

**Remarque :**
Le stationnement en face de la caserne des pompiers est strictement interdit.

Photo Parking 5 : © geoportail.lu





# réunions des parents d'élèves 2021-2022

| Cycle / Classe | Titulaire | Date | Heure |
|---|---|---|---|
| Précoce A | Ludovicy Véronique | 29.06. | lux. et fr. : 18h00 |
| Précoce B | Leone Rosanna | 25.06. | lux. et fr. : 18h30 |
| Cycle 1 | Barros Paula<br>Reiser Jessica<br>Scheuren Martine | 13.09. | lux. : 18h, fr. : 19h |
| Cycle 2.1 A+B | Nosbusch Charline<br>Ferreira Dos Santos Melanie | 29.09. | fr. : 18h, lux. : 19h |
| Cycle 2.2 A+B | Weber Blanche<br>Leone Giusy | 05.10. | lux. et fr. : 18h30 |
| Cycle 3.1 | Dos Santos Jill | 24.09. | fr. : 18h, lux. : 19h |
| Cycle 3.2a | Stüren Myriam | 23.09. | fr. : 18h, lux. : 19h |
| Cycle 3.2b | Mayer Vicky | 27.09. | fr. : 18h, lux. : 19h |
| Cycle 4.1 + 4.2 | Thill Sabrina<br>Nosbusch Julie | 09.09. | fr. : 18h, lux. : 19h |









# vacances et congés scolaires 2021-2022

| | Début | Fin |
|---|---|---|
| Congé de la Toussaint | le samedi 30 octobre 2021 | le dimanche 7 novembre 2021 |
| St. Nicolas | le lundi 6 décembre 2021 | |
| Congé de Noël | le samedi 18 décembre 2021 | le dimanche 2 janvier 2022 |
| Congé de Carnaval | le samedi 12 février 2021 | le dimanche 20 février 2022 |
| Vacances de Pâques | le samedi 2 avril 2021 | le dimanche 18 avril 2022 |
| Journée d'Europe | le lundi 9 mai 2022 | |
| Congé de la Pentecôte | le samedi 21 mai 2022 | le dimanche 29 mai 2022 |
| Ascension | le jeudi 26 mai 2022 | |
| Lundi de Pentecôte | le lundi 6 juin 2022 | |
| Fête nationale | le jeudi 23 juin 2022 | |
| Les vacances d'été | le samedi 16 juillet 2022 | le mercredi 14 septembre 2022 |

- Le mercredi 15 septembre 2021, jour de la reprise des classes, les enfants sont congédies à la fin des cours de l'après-midi., c'est-à-dire à 16:00 heures.
- Les classes chôment le jour de la Saint Nicolas.
- La veille des vacances de la Toussaint, de Noël, de Carnaval, de Pâques et de la Pentecôte, les élèves sont congédiés à la fin des cours du vendredi après-midi, c'est-à-dire à 16:00 heures.
- Le règlement grand-ducal du 18 novembre 2015 a modifié l'article 4 du règlement grand-ducal du 31 juillet 1980 fixant le régime des vacances et congés scolaires en supprimant la journée du pèlerinage à Notre -Dame de Luxembourg comme étant un jour de congé collectif pour les enfants d'une commune. Désormais ce jour est un jour de classe normal ;néanmoins les titulaires de classe sont tenus d'accepter les excuses individuelles présentées par les représentants légaux des enfants qui désirent prendre part à cette manifestation.
- Dans le souci du respect du principe de non- discrimination, les titulaires de classe sont tenus d'accepter dans un même ordre d'idées les demandes de dispense de fréquentation scolaire pour un motif d'assistance à un grand jour de fête religieuse des parents d'élèves qui se réclament d'une autre communauté religieuse.
- Le lendemain de la 1ère communion, les classes du cycle 3 fonctionnent normalement. Toutefois, les enseignants voudront bien accepter d'éventuelles excuses écrites individuelles concernant les absences d'élèves au cours de la matinée.

# Aufwertung der Grünfläche in der Cité Wieschen



**Bei der Projektvorstellung vor dem kleinen Wasserfall inmitten von Wildblumen, v.r.n.l. Camille Pletschette, Schöffe, Jean-Paul Zeimes, Schöffe, Michel Pütz, Service technique, Eric Thill, Bürgermeister, Yves Schaack und Lisa Siebenaler, SICONA-Mitarbeiter.**

Bereits seit einigen Jahren sollte die Grünfläche in der Cité Wieschen aufgewertet werden. Mit dem Anschluss der Wasserleitung für den Wasserlauf, fiel am 12.03.2019 der Startschuss für die Arbeiten.

Im Zentrum der Aufwertung dieser Fläche stand das Offenlegen einer verrohrten Quelle. Das Wasser aus der bisher unterirdisch verlaufenden Quelle läuft nun in einen kleinen Weiher im oberen Bereich. Von dort aus fließt es über einige Kaskaden und wird unten wieder eingefangen.

Um die Stabilität zu gewährleisten, wurden Trockenmauern gebaut. Ein Spazierweg und eine kleine Brücke wurden ebenfalls angelegt. Zum Abschluss wurden Wildblumen angesät.


Die Arbeiten wurden in den Jahren 2019 und 2020 vom Naturschutzsyndikat SICONA durchgeführt.

Im Jahre 2021 vervollständigten ein Pavillon au lokalem Holz, sowie Geländer und Bänke das Projekt. So konnte hier eine kleine Oase für Mensch und Natur geschaffen werden.

Der Kostenpunkt belief sich auf insgesamt 125.000 Euro. Der Gemeinde wurde ein Zuschuss über 8.200 Euro seitens des Ministeriums bewilligt.






Cité
« In der Wieschen »
Wasser und Wildblumen
für die öffentliche
Naherholung


VORHER


NACHHER



# Mat neie Blummewisen ënnerstëtzt d'Gemeng Schieren d'Biodiversitéit am Siedlungsberäich

Am Kader vun der Aktioun Päiperlek vum Naturschutzsyndikat SICONA huet d'Gemeng Schieren dëst Joer hir éischt eegestänneg Projete mat Erfolleg ëmgesat: Et handelt sech heibäi ëm 2 Blummewisen, déi dëst Joer beim Kierfecht a bei der Sportshal zu Schieren ugeluecht goufen. An Zäite vum Biodiversitéitsverloscht ënnerstëtze mir eis heemesch Bestëbser, andeems mir si mat zousätzleche Fudderquelle versuergen an hinnen neie Liewensraum bereet stellen. Gläichzäiteg kann och e bësse Faarf am Duerf net schueden.



Fir dës Projete gouf mat Geseems vun heemesche Wëllplanze geschafft. Déi sougenannte LUX-Mëschunge vu Rieger-Hofmann enthalen nëmme regional ugebauten Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekte sinn.

All LUX-Mëschunge kënne ganz einfach am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann ënnert „Mischungen für Luxemburg" bestallt ginn:

**www.rieger-hofmann.de**

SICONA Naturschutzsyndikat



Och hei zu Lëtzebuerg sollen zukünfteg nach weider Verkafsplaze fir d'Lëtzebuerger Geseemsmëschungen agericht ginn. Fir de Privatgebrauch sinn d'Mëschungen ab Hierscht op folgende Plazen erhältlech:

- Beefort, Natur- & Geopark Mëllerdall
- Esch-Sauer, Naturpark Öewersauer
- Housen, Naturpark Our
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock

Wéi all Joer huet de SICONA am Kader vun der „Aktioun Päiperlek" och dëst Joer erëm Päck mat 6 verschiddenen Zierstaude verdeelt, déi Iech vun der Gemeng Schieren gratis zur Verfügung gestallt goufen. Op dës Manéier kënnt och Dir d'Biodiversitéit ënnerstëtzen an Iech doheem Ären eegene klenge Päiperleksgaart uleeën. Wéi een op déser Foto gesäit, kommen d'Planze vum Staudepak séier an d'Bléi an d'Päiperleke loossen net laang op sech waarden. Ufank 2022 kënnt Dir Iech rëm Äre Pak mat Päiperleksblumme beim SICONA reservéieren.

*Lisa Siebenaler / Sicona*


# Verkéiersberouegung am PAP Wieschen



Op Grond vu ville Reklamatiounen aus der Populatioun betreffend d'Verkéierssécherheet am PAP Wieschen, huet d'Gemeng hir Responsabilitéit geholl an de Bureau Schroeder et Associés chargéiert fir een verbessert Verkéierskonzept fir de PAP Wieschen ze erstellen. Dëst war leider néideg well eng kleng Minoritéit sech net un d'Vitesslimitatiounen an dësem Véierel gehalen huet.

Enn Oktober/Ufank November goufen duerfir folgend Mesuren ëmgesat:

1) Am ganze Quartier goufen d'Rietsvirfaarten nach eemol markéiert.




2) Am ganze Quartier goufe Ralentisseuren installéiert fir de Verkéier ze berouegen. Et handelt sech dobäi ëm 7 cm héich Höckeren aus Asphalt. Déi kruten och e faarwege Marquage fir d'Signalwierkung ze erhéijen. Ausserdeem gouf bei all Höcker d'Faarspur verengt. D'Höckere sinn esou gestallt, datt si kee Kaméidi solle maachen an ouni Problemer mat der virgeschriwwener Vitesse kënnen iwwerfuer ginn.

3) Zousätzlech gouf och an der Strooss „Enner den Thermen" een neien Zebrasträifen amenagéiert, deen déi 2 Bandes vertes uewer- an ënnerhalb verbënnt.

Mir géifen op dëser Plaz awer och nach eemol un all d'Chauffeuren appelléiren sech un déi virgeschriwwe Vitesse vun 30 km/h am Véierel ze halen.



# Commemoratiounsdag 2021



E Sonndeg, 3. Oktober, gouf d'Journée de Commémoratioun wéi di lescht Joren als feste Bestanddeel vum Schierener Aktivitéitskalenner ofgehalen. A Presenz vum Schäffen- a Gemengerot, Vertrieder vun de Veräiner an diverse Bierger, goufe Blumme beim Monument des morts niddergeluecht an d'Sonnerie aux morts gouf vun der Schierener Musek gespillt.



A senger Ried ass de Buergermeeschter op déi grouss Bedeitung vun dësem Dag agaangen. E wichtegen Dag, op deem d'Undenken un all d'Affer héich gehale gëtt, déi sech der Nazi Tyrannei entgéintgestallt a fir d'Onofhängegkeet an d'Fräiheet vun eiser Heemecht gekämpft hunn.









# Leitbild & Mobilitéitskonzept Nordstad 2035








Am Kader vu de 5 ëffentlechen Informatiounsversammlungen an der Nordstad ass Méindes, den 18. Oktober, am Alen Atelier, d'Leitbild a Mobilitéitskonzept Nordstad 2035 a Presenz vun de Ministere François Bausch a Claude Turmes virgestallt ginn.






Mam Mobilitéitskonzept 2035 gëtt eng eenheetlech, grouss Visioun fir déi ganz Nordstad geschaaf, bei där d'Besoinen, vum Foussgänger, Vélosfuerer, dem ëffentlechen Transport an och de Bau vun Ëmgeeungsstroossen am Virdergrond stinn.

D'Konzept enthält ëmfaassend Ännerungen, déi d'Liewensqualitéit vun de Bierger aus de Nordstad Gemengen an de nächste Joren däitlech soll verbesseren. Et handelt sech ëm siwe Schlësselelementer, déi villverspriechend Perspektive fir eng multimodal Mobilitéit an der Nordstad duerstellen.



Déi ganz Presentatioun kenn Dir lech och nach eng Kéier online um Youtube ënnert - *Mobilitéitskonzept Leitbild Nordstad 2035 - LU – Schieren* ukucken. D'Powerpoint an déi entspriechend Informatiounen zum Nordstad Mobilitéitskonzept fann dir um Internet ënnert folgender Adress: *https://www.nordstad.lu/nordstad-vision/mobilitatskonzept/*

No der Presentatioun haten d'Schierener Bierger d'Méiglechkeet hir Froen den zoustännege Ministeren ze stëllen. No intressanten Diskussiounen huet d'Schierener Gemeng e Patt offréiert fir dësen informatiounsräichen Owend gemittlech ausklénge ze loossen.

# Schoulrentrée mam Pedibus

## Kanner ginn de Wee an d'Schoul a Begleedung vun engem Erwuessenen

Zum Schluss vum Schouljoer 20-21 waren ëmmer erëm Reklamatioune gemellt ginn am Kontext vun der Sécherheet ronderëm d'Schoul duerch Autoen a Foussgänger . De Schäfferot huet virun der Summervakanz eng kleng Enquête gestart fir ze kucken op d'Elteren drun interesséiert wieren, fir hiert Kand mat enger Begleedung Moies an d'Schoul ze schécken. No groussem Interessi vun den Elteren ass decidéiert ginn fir kuerzfristeg déi Iddi vum Pedibus déi viru Jore schonn ugeduecht war, ze relancéieren.



### Grondgedanken :

- Bëssche Beweegung virum Schoulunterrecht fir d'Kanner an der frëscher Loft.
- D'Sécherheet vun de Kanner um Schoulwee verbesseren.
- Manner Stress fir d'Eltere beim Start an den Dag.
- Insgesamt méi Sécherheet duerch manner Verkéier ronderëm d'Schoul, woubäi och de positiven Effekt op d'Ëmwelt net ze vergiessen ass.




Fir eng Begleedung ze organiséieren, ass mat dem Gestionnaire vun eiser Maison Relais (Elisabeth a.s.b.l.) Kontakt opgeholl ginn, fir iwwert dat ganzt Schouljoer eng Begleedung sécherzestellen, och mat Leit déi eng Ausbildung am Ëmgang mat de Kanner hunn an zum Deel och d'Kanner aus hirer Zäit an der Maison Relais kennen. Nodeem d'Kanner definitiv ugemellt waren, si verschidden Trajet'en mat Arrêt'en definéiert ginn. Och si Sécherheetsweste fir Kanner a Begleeder bestallt ginn, esou dass jidderee gutt siichtbar de Wee an d'Schoul ka maachen. De Projet ass nach virun der Summervakanz am Gemengerot validéiert ginn a fir d'Schoulrentrée ass déi Saach dunn ugelaf.

No den éischten Testdeeg, sinn nach puer kleng Upassunge gemaach ginn an elo maachen sech all Moies ronn 35 gutt gelaunte Kanner, opgedeelt op dräi Gruppen an Trajet'en, zesumme mat engem Begleeder op de Wee an d'Schoul.

## PEDIBUS Schieren 2021-2022

Ligne 1 : Rue des Vergers – École fondamentale
(Accompagnement LU / MA / ME / JE / VE > trajet du matin)

| N° | Arrêt | Aller |
|---|---|---|
| 1 | Coin Rue des Vergers – Rte de Luxembourg | 07h33 |
| 2 | Arrêt de bus / Schieren Faubourg | 07h36 |
| 3 | Coin 53, Rte de Luxembourg – Rue des Jardins | 07h41 |
| 4 | Coin Rte de Stegen – Accès rue École fondamentale | 07h44 |
| 5 | Arrivée > École fondamentale | 07h46 |



Ligne 2 : Montée de Nommern – École fondamentale
(Accompagnement LU / MA / ME / JE / VE > trajet du matin)

| N° | Arrêt | Aller |
|---|---|---|
| 1 | Coin Montée de Nommern – Rte de Luxembourg | 07h33 |
| 2 | Rue Verte N° 14 | 07h39 |
| 3 | Arrivée > École fondamentale | 07h45 |


Ligne 3 : Ënner den Thermen – École fondamentale
(Accompagnement LU / MA / ME / JE / VE > trajet du matin)

| N° | Arrêt | Aller |
|---|---|---|
| 1 | Coin Ënner den Thermen – Beim Wäschbur | 07h33 |
| 2 | Coin Ënner den Thermen – An de Wieschen | 07h39 |
| 3 | Arrivée > École fondamentale | 07h45 |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Administration du cadastre
et de la topographie

map.geoportail.lu
Le géoportail national du Grand-Duché du Luxembourg

PEDIBUS SCHIEREN 2021-2022




Date d'impression 15/10/2021 17:00

http://g-o.lu/3/6bUf

www.geoportail.lu est un portail d'accès aux informations géolocalisées, données et services qui sont mis à disposition par les administrations publiques luxembourgeoises. Responsabilité: Malgré la grande attention qu'elles portent à la justesse des informations diffusées sur ce site, les autorités ne peuvent endosser aucune responsabilité quant à la fidélité, à l'exactitude, à l'actualité, à la fiabilité et à l'intégralité de ces informations. Information dépourvue de foi publique.

Echelle approximative 1: 10000

0 100 200 300m

# Merci dem Raymond Hess fir iwwer 50 Joer Schierener Benevolat!



D'Gemeng Schieren seet Merci. Merci enger Persoun, déi iwwert déi lescht Joerzéngten d'Schierener Duerfliewe gepräägt huet. Merci engem Veräinsmënsch wéi en am Buch steet, deen sech ni gescheit huet fir eng Hand mat unzepake wann Nout um Mann war.

Riets geet vum Raymond Hess. De Raym deen ouni Zweiwel eng vun de markantste Perséinlechkeeten aus dem sozialen a kulturelle Schierener Duerfliewen ass, an elo no wäit iwwer 50 Joer Engagement am Schierener Duerf, seng grouss Unzuel vun Dokumentatiounen a Bild an Textform der Schierener Gemeng iwwerreecht huet.

Als Branebuerger Jong huet de Raym sech Enn der 1950-er Joren zu Schieren néiergelooss. Seng Aarbecht op der Goodyear huet him villes ofverlaangt, wat awer net sollt verhënneren, dass hien vun Ufank un um sozialen a kulturelle Liewe vun der Schierener Gemeng deelgeholl huet.



Sief et als laangjärege President vun der Kulturkommissioun an dem Gaart an Heem oder och als Comitésmember vum der Antenne Collective an dem Schierener Fussball, de Raym stoung ëmmer mat Rot an Dot zur Säit. Net ze vergiessen ass och säin Engagement als President vum Organisatiounscomité vun „100 Joer Schierener Pompjeeën" a „75 Joer Gaart an Heem Schieren" an als Member vum Organisatiounscomité vu „50 Joer FC Jeunesse Schieren" an „150 Joer Gemeng Schieren".

D'Veräinsliewen hat ëmmer e grousse Stellewäert am Raym sengem Alldag. Wärend sengen 41 Déngschtjoren op der Goodyear huet hien ëmmer Zäit fonnt fir sech positiv am Schierener Duerfliewen anzebréngen. Duerfir war et och net verwonnerlech, dass hien beim Antrëtt an d'Pensioun Uganks den 1990-er Joren, sech nach méi verstäerkt am sozialen

a kulturellen Alldag investéiert huet. Onvergiesslech bleiwen dobäi d'Concerte vum Wartburg College Choir an der Schierener Kierch. Do huet de Raym Neel mat Käpp gemaach, a virun allem derfir gesuergt dass net manner wéi 100 Sänger a Sängerinne konnte fir 2 Nuechte privat ënnerdaach bruecht ginn.

Iwwer Joerzéngte gouf et keng Ouverture, kee Concert, kee Veräins- Anniversaire wou de Raym net aktiv un der Organisatioun deelgeholl huet. Fir d'Broschüren huet de Raym Recherche gemaach, Texter geschriwwen a Fotoe geliwwert. Net ze vergiessen, sinn déi sëllegen al Hausnimm, déi hien akribesch nogesicht huet, fir se an der Broschür vum 50. Joresdag vum Schierener Fussball néierzeschreiwen, an deemno de zukünftege Generatiounen ze erhalen.

„Wéi een e Kierfecht fleegt, sou gedenkt een deene Generatioune virdrun". Dëst war dem Raym säi Leitmotiv fir sech zesumme mat senger Fra, dem Mariette Werdel fir d'Erhale vun der Kapell um Schierener Kierfecht anzesetzen. A Collaboratioun mam Gemengenatelier gouf dës Gedenkplaz am Häerz vum Duerf an e puer Méint renovéiert. Moies huet de Raym d'Kapell opgespaart an daagsiwwer konnt all Mënsch a Rou an a Stëll vun dëser Platz profitéieren. Munchereen, dee vum Schicksal gebeidelt gi war, konnt hei nei Kraaft fannen. De Raym an d'Mariette hunn d'Kärzen erbäi geschafft, an den Erléis vu ronn 31.000 Euro iwwer vill Joren ass integral gespent oder fir d'Dekoratioun vun der Schierener Kierch zur Verfügung gestallt ginn.

Seng Begeeschterung fir d'Fotographie huet de Raym relativ spéit entdeckt, a sech, wéi gewinnt, alles selwer bäibruecht. Op dës Manéier koumen eng ganz Réi Foto-Sammlungen zustanen, déi fir d'Gemeng vu groussem Wäert sinn. D'Fester vun der Gemeng a vun de Veräiner si grad sou perfekt dokumentéiert, an och deelweis kommentéiert, wéi di baulech Entwécklung vum Schierener Duerf. Grouss Chantieren, wéi dee vum Neibau vun der Bréck a Richtung Ettelbréck, oder vum Chantier CFL, bleiwen den zukünftege Generatiounen op dës Manéier erhalen. U Fantasie huet et him deemno ni gefeelt. Esou ass och seng Chronik vun der Goodyear e weidert Beispill vu senger Kreativitéit, déi him verdéngtermoosse sëllege Meritte säitens der Direktioun vun der Pneuefabrick abruecht huet.

Och haut nach profitéiert de Gemengenatelier vu Kaarte, déi de Raym doheem op sengem Zeechepult zesummegestallt huet: Et handelt sech heibäi ënnert anerem em de Reseau vun der Antenn, dem Kanal an och der Waasserleitung, wéi och enger präziser Kaart mat de Flouernimm.

Mee domadder net genuch. Wéi et geheescht huet, déi eeler Leit mat engem anstännege Mëttegiessen ze versuergen, huet hien zesumme mam Mariette spontan Jo gesot fir de Repas sur Roues am Numm vun der Gemeng ze verdeelen. Op dëser Plaz wëll ech awer och dem Maggy(†) a Nico Garson, e grousse Merci soen, dass si sech mam Raym a Mariette ofgewiesselt hunn, fir dëse Service iwwer Jore reiwungslos ze garantéieren.

Am Laf vun dësem Joer huet de Raym fir sech beschloss, dass wäit iwwer 50 Joer Benevolat net méi ze iwwertreffe sinn. Deemno kann hien sech mat guddem Gewëssen aus dem aktive Schierener Duerfliewen zréckzéien, dat obwuel et och nach haut geleeëntlech ënner de Fangerneel kribbelt fir eng Hand am Schierener Duerf mat unzepacken.

An dem Kontext war et dem Schäfferot eng grouss Freed de Raym op der Gemeng ze ëmfänken an him fir d'Iwwerreeche vu senge sëllegen Dokumentatiounen a Bild an Textform e grousse Merci ze soen. D'Gemeng Schieren ass immens dankbar fir dës impressionant Aarbecht déi sech iwwert Joerzéngten erstreckt huet. Hire Wäert ass onschätzbar a verdéngt et an Éieren gehalen ze ginn. Als politesch Responsabel war et fir eis selbstverständlech, dem Raym seng bekannte Chronik vu Schieren op eisem Internet Site ze publizéieren, an esou all intresséiertem Schierener Bierger ze presentéieren.



Am Raym sengem Asaz fir d'Allgemengheet iwwert déi lescht Joerzéngte stouch vill Häerzblutt a Leidenschaft, an en ass schwiereg mat de passende Wierder ze beschreiwen.

A mengem perséinlechen Numm an och am Numm vum Schäffen-a Gemengerot, de Schierener Bierger a Veräiner, eiser Verwaltung an eisem Gemengenatelier hunn ech d'Éier dem Raymond Hess vun Häerzen e grousse Merci ze soen fir all dat wat hie fir Schieren geleescht huet!

*Eric Thill*
*Buergermeeschter*

# PORTRAIT – L'histoire d'une passion

**Passionné, Philippe Graff, résident Op der Schlaed, est devenu en quelques années un rare spécialiste de la fabrication artistique d'armes de chasse. De véritables œuvres d'art.**

On s'éprend d'un hobby, d'un objet, comme on peut tomber amoureux. C'est viscéral, c'est soudain. On brûle, on veut apprendre, on devient passionné. Philippe Graff avait 5 ans quand son grand-père l'emmène la première fois à la chasse. C'est le début. Le jeune enfant va découvrir au fil des années le monde de la chasse.

Souvent ce sont des détails qui font naître une passion. Ici, c'est une guitare que Philippe avait abîmée. Son père, lors d'un passage chez l'armurier à Mersch, a eu la bonne idée d'emmener l'instrument et de demander, à tout hasard, au réparateur d'armes ce qu'il pouvait faire. Doué dans le travail du bois, l'armurier va réparer la guitare. Philippe va être émerveillé par le travail. C'est le premier déclic.

Ensuite, un permis de chasse brillamment réussi va le familiariser avec l'arme de chasse. La mécanique, la beauté ‚artistique' du travail, des décorations faites sur le fusil de chasse vont éveiller la fascination de l'adolescent. Le fusil de chasse peut être vu comme une arme, mais aussi comme un objet d'art.

## Les études

A 19 ans, c'est la fin de la période lycéenne et l'heure des choix. Philippe suit celui de son cœur et prend le chemin d'études qui le mènent à l'apprentissage de la fabrication d'armes. Son choix est solide, car l'obligation de s'expatrier durant quatre années en Autriche, dans une des rares écoles spécialisées dans ce domaine, ne l'effraie pas. Toute une aventure. « Si c'était à refaire, je recommencerais, même deux fois si c'était nécessaire... », raconte l'intéressé.

Aujourd'hui, il ne compte que quelques années de passion mais ses yeux brillent quand il raconte la progression de la fabrication d'une arme. Avec d'abord le choix du bois, qui n'a pas d'égal lorsqu'il s'agit d'apporter une touche de raffinement à la crosse d'un fusil ou d'une carabine. Celui des racines de noyer de Turquie garantit les meilleures caractéristiques pour la conception d'armes de chasse par sa stabilité et sa résistance à la pression et aux chocs, tout en pouvant offrir de très beaux contrastes de couleurs avec une esthétique unique.

Par petits coups de marteau sur le ciseau, copeau par copeau, en utilisant la lime, dans un travail d'horloger, il va travailler le bois de noyer à l'état brut. Il y a quelque chose d'exceptionnel dans le geste.

Chaque coup est pesé et senti. Au savoir-faire s'ajoute l'intuition. Dix, vingt, trente fois, Philippe peut enlever, remettre la culasse dans le bois creusé et redonner un léger coup de lime. Il faut atteindre la perfection, une précision au dixième de millimètres, avec une maîtrise totale des gestes. Il a des nerfs d'acier. Il aime la perfection. L'envie se mêle au rêve. Six longs mois de travail et de patience sont nécessaires pour transformer le bois en une arme, un objet d'art.

Le maître graveur, ensuite, fait apparaître les lignes souples, comme par exemple celle d'un cerf au brame entouré de rinceaux et d'entrelacs rehaussés d'or. Sculptée dans l'acier de l'arme, la scène est d'un réalisme saisissant.



## Les deux premiers en cadeau

Jusqu'à ce jour, Philippe a fabriqué 3 fusils de chasse. Et le maître est aussi généreux. Le premier a été offert à son père, surpris et ému par le geste de son fils. Le deuxième a été destinée à son amie, Cathy. Le troisième, enfin, était… pour lui.



Philippe a rencontré Cathy, devinez où… à la chasse bien-sûr. Détail, dans la famille de Cathy, on est aussi chasseur. Même la grand-mère, malheureusement décédée, était une passionnée farouche. Alors les conversations entre les deux dulcines tournent souvent autour de la chasse et de son travail sur les armes. « Quand je lui téléphonais en fin de soirée en Autriche, durant ses études, je le trouvais quelques fois encore dans l'atelier, occupé à travailler son bois et subitement il réalisait qu'il n'avait pas encore soupé. »



« Il est aussi un bon cuisinier, » ajoute Cathy (qui a fait ses études en pharmacie et poursuit un doctorat en toxicologie). Sa recette favorite, un dos de cerf à la sauce vin rouge : « Cette viande a une toute autre saveur quand elle provient de nos forêts, » raconte l'amateur de viande de gibier ; « Mais une poitrine de cerf ou de pigeon, c'est aussi un délice ». Bon appétit.

Ses vacances, il les passe aussi en pleine nature, comme dans un chalet de montagne : « j'ai besoin de calme, de voir du vert, » explique-t-il.



**Philippe confectionne aussi d'autres objets en bois, comme le porte cartouches ci-dessus, des couteaux...etc.**

# Power-Aktioun vun der Landjugend Dikrech de Weekend vum 18.09 -19.09 zu Schieren

Säit 2000 huet d'Lëtzebuerger Landjugend a Jongbauere mat hire regionale Gruppen all zwee Joer ee Weekend definéiert, wou si am Interessi vun de Bierger ee Projet a verschidde Gemenge realiséieren. Dëst Joer waren si a 7 Gemengen duerch d'Land, mat de verschiddenste Projet'en, aktiv. D'Landjugend Dikrech hat zu Schieren gefrot fir zesummen ee Projet ze realiséieren. Et sollt iwwer ee Weekend a 36 Stonnen eppes realiséiert ginn, wat fir d'Bierger vu Schieren ee bleiwende Wäert huet. Nodeem mer kuerz zesummen iwwerluet hunn, si mer bei eisem Projet vun de Gemeinschaftsgäert / Schlassbréck / Buchenallee hänke bliwwen, wou sech jo no den Iwwerschwemmungen laanscht d'Uelzecht allerhand op der Plaz ronderëm d'Schlassbréck ugesammelt hat. Et ass beim Projet och drëm gaange fir déi verbleiwend Haisercher bei de Gäert ewech ze huelen a fir d'Planung vun de Gemeinschaftsgäert dann och op enger propper präparéierter Fläch kënne weider ze dreiwen. De Weekend selwer ware bis zu 17 jonk, motivéiert Leit benevole op der Plaz aktiv, a wéi Owes beim Patt de Bilan gemaach ginn ass, konnt de Schäfferot nëmme soe „Mission accomplie". D'Gemeng hat de Weekend fir d'Gedrénks an d'Iesse gesuergt an och fir den Asaz vun de landwirtschaftleche Maschinnen ass ee klenge Geste gemaach ginn.

Op dëser Plaz nach eng Kéier een décke Merci un déi jonk Leit fir den Asaz. Wéi de Buergermeeschter a senger Ried zum Schluss vun den Aarbechte gesot huet, ass déi Aktioun de Beweis, dass d'Jugend vun haut net nëmme virum Fernsee a Computer sëtzt, mee hiert Engagement an der Gesellschaft praktesch a ganz konkret mat esou Projet'en manifestéiert.

*Jean-Paul Zeimes*











MANITOU

# Fotoen aus der Schoul fréier

D'Joergäng 1934 an 1935 virun der Barons Bréck 1941, zesumme mat der Léierin Madeleine Ney, dem Alex Ney seng Schwëster



*v.l.n.r.: 1. Rei:* Jacques Kirsch – André Pauwels – Henri Rommes – Anny Jaas – Alex Kohl – ? Holweck – Juliette Genson – Netty Schroeder. *2. Rei:* Anny Garson – Jean Pauwels – André Kohl – Fernand Rommes – Triny Nickels – Claudette Genson – Jean Hargarten. *3. Rei:* Roger Gengler – Josy Nossem – Nico Marx – Roger Zimmer – Jean Mons – Marie-Thérèse Marx – Christine Majerus – Jean Scher – Paul Tiebessart – Irène Bourkel – Anny Schroeder – Pierre Ney.

Déi zwou iewescht Reien sinn d'Meedercher vun de Joergäng 1934-1937.
Déi zwou ënnescht Reien sinn d'Jongen an d'Meedercher vun de Joergäng 1940 an 1941.
An der Mëtt ass d'Schwëster Aloysia



*v.l.n.r.: 1. Rei:* Claude Stirn – Josy Garson – Marcel Everard – Josy Thill – Guy Stirn – Jules Hilger – Victor Schweich – Nicolas Rommes. *2. Rei:* Maisy Putz – Irma Betzen – Maggy Keip – Maisy Wingert – Anny Jaas – Maisy Heintz – Marie-Josée Enders – Marie-Thérèse Weiler – Maisy Esser – Mariette Majerus. *3. Rei:* Anny Garson – Nelly Gengler – Marechen Jungels – Germaine Erpelding – Jeanny Roettgers – Irène Bourkel – Georgette Kirsch. *4. Rei:* Rosy Putz – Triny Nickels – Marie-Paule Weber – Anny Schroeder – Claudette Genson – Marie-Thérèse Marx – Juliette Schwachtgen – Christine Majerus – Marguerite Gengler.

# Voyage de Bissen à Diekirch

***Dans son livre intitulé « Itinéraire du Luxembourg Germanique » , l'écrivain L'Évêque de la Basse-Moûturie décrit le Grand-Duché de Luxembourg en parcourant notre pays à gauche et à droite et du Sud au Nord. L'auteur, un Belge, chevalier de par sa propre grâce, au nom un peu inhabituel, n'est certes pas le premier voyageur de ce genre, mais il avait le mérite d'être un parfait observateur du paysage parcouru, de s'être informé auprès des habitants de toutes les curiosités archéologiques de la région, d'avoir la passion des constructions civiles ou religieuses, d'avoir glané dans les vieilles traditions populaires et d'avoir recueilli des légendes séculaires. Par contre, ses explications historiques s'éloignent trop souvent de la vérité, comme ses explications étymologiques font susciter l'étonnement des linguistes ou philologues.***

***C'était l'âge du romantisme, et nous aurions mauvaise grâce de ne pas pardonner plus d'une erreur qui s'est glissée dans les reportages de notre voyageur. Quel charme dans ces descriptions imagées de nos villes et villages d'autrefois, quel attrait dans ces pages teintées de merveilleux. En publiant ce récit, L'Évêque de la Basse- Moûturie a bien mérité du tourisme au Grand-Duché de Luxembourg. Et pourquoi ne pas poursuivre aujourd'hui les itinéraires proposés par notre vaillant chevalier ? Que de découvertes à faire ! Que de déceptions aussi devant les monuments mutilés ou même disparus depuis !***

***Voici ce que L'Évêque de la Basse-Moûturie écrit de la région entre Bissen et Ettelbruck.***

## Voyage à Diekirch

### Meringen

A dix minutes de l'est de Bissen, et sur le territoire de cette commune, le cabaret de Rost, ou se perçoivent les droits de barrière sur la chaussée de Luxembourg à Diekirch, occupe l'emplacement d'un ancien château dont quelques vestiges subsistent encore auprès de la maison, du côté du nord.

Ce château s'appelait Meringen ; dans les vieilles chartes latines on lui donne le nom de Maringa. C'était, aux premiers siècles du moyen-âge, le séjour de grands seigneurs, et il fut habité par Théobald et Gualtère, deux saints dont les têtes sont conservées dans les trésors de l'église de Pittange et qui en sont les plus belles reliques.

De cette maison de Rost la vue peut s'étendre sur l'horizon d'un demi-cercle immense : on y distingue à l'œil nu le clocher de Bissen , la jolie chapelle de Op Dem Berg, située dans le bois et près de Bissen ; la ferme de Carlshoff, les châteaux de Berg, de Birtrange, le joli hameau de Grentzingen, la ville d'Ettelbruck et le village de Schieren que nous visiterons tout à l'heure ; on y aperçoit également la montagne d'Oberschieren, sur le versant occidental de laquelle on a récemment découvert l'emplacement de thermes romains ; après vient la ferme de Seiterhoff et les villages de Schrondweiler, d'Oberglabach et de Pittange.

### Colmar


Lorsque de la barrière de Meringen on suit la chaussée vers Diekirch, on ne tarde pas à se trouver vis-à-vis de Colmar. De la hauteur de la route qui domine de plus de 200 pieds le hameau et les forges de ce nom, ainsi que les moulins de Geismuhl, on voit devant soi le château de Berg, habité par Mr. Le baron de Dommartin, propriétaire des forges et des moulins que nous venons de citer. Ce château, dont les jardins s'élèvent en amphithéâtre au-dessus de la vallée, semblent présider à l'union de l'Attert et de l'Alzette qui viennent confondre leurs ondes au pied de ses tourelles. Plus loin est le château de Birtrange, séjour de Mr. Le baron de Blochausen, puis vient Grentzingen qui, avec son gracieux clocher, forme, ainsi que ses voisins, un point de vue éminemment pittoresque. Enfin, dans le fond du tableau, et à une lieue de notre observatoire, se dessine la jolie petite ville d'Ettelbruck.

### Berg

Parmi les deux châteaux que nous venons de nommer, celui de Berg est le seul qui ait de l'importance historique. L'autre tire tout son lustre de la position sociale de son occupant actuel. Mr. Georges-Frédéric-Prosper baron de Blochausen est à la fois chambellan du roi des Pays-Bas, chancelier d'État chargé de la direction des affaires du Grand-Duché de Luxembourg auprès de Sa Majesté, chevalier du Lion Néerlandais, de l'Étoile de l'Ordre de la Couronne de Chêne, de l'Aigle Rouge de Prusse, et enfin commandeur de l'Ordre de Léopold. C'est un des personnages les plus importants de la province.

Autrefois le château de Birtrange était franc à cause de la noble famille qui l'occupait, mais il ne jouissait d'aucune espèce de droit seigneurial de ses terres, comme celles de Grentzingen payaient la dîme à Ettelbruck.

Le nom des sires de Berg figure dans les annales luxembourgeoises depuis l'année 1192. Il y eut, en 1250, une contestation entre Nicolas de Berg et Irmengarde de Koerich, à l'occasion du patronage de l'église de Sterpenich, chacun des deux avait des prétentions. La justice décida que la collation annuelle de ce bénéfice serait alternative, et par la suite, les seigneurs de Berg concédèrent leurs droits au monastère de Marienthal.




Les rentrées cadastrales de Bettendorff appartenaient à la maison de Berg, dont un membre assista, en 1309, à l'inauguration d'Henri V comme empereur de l'Allemagne. En 1340 vivaient Joffroy de Berg, Wauthier son frère, et Marguerite sa sœur ; celle-ci était alors veuve de Nicolas de Meysembourg.

Peu de temps après, la seigneurie de Berg et Colmar fit partie de la baronnie de Brandenbourg et passa avec elle par mariage au comte de Salm qui la posséda jusqu'en 1568. A cette époque le comte de Vaudémont, de la maison ducale de Lorraine, ayant épousé Christine de Salm, reçut en dot ces deux seigneuries qu'il vendit séparément en 1599. Gérard de Horst, sire de Ham, eut Berg-Colmar, et dès lors cette terre eut des seigneurs particuliers.

En 1650, Berg passa par mariage à la maison de Heisgen. Jean-Georges de Heisgen, fils de Bernard-Albert, dont la tombe se trouve dans l'église de Berg, était seigneur de Berg et Colmar du chef de son père et de la terre de Folkendange qu'il tenait de sa mère, Marie de Loën. Il vendit, en 1714, trois voueries au baron Gaspar de Metternich, seigneur de Bourscheid, maréchal héréditaire de la noblesse de Luxembourg. La fille unique de Jean de Heisgen épousa un gentilhomme français, nommé de Vrinville qui, en 1793, vendit Berg et Colmar à Mr. de Blochausen, seigneur de Biedbourg, dont Mr. le baron de Dommartin a épousé la fille, sœur du chancelier.

Les armoiries de Berg sont d'argent à l'aigle de sable, celles de Blochausen sont écartelées au premier d'argent au lion de sable, au deuxième et troisième d'argent à la fleur de lys d'azur, au quatrième une couronne d'or sur champ de gueules. Et celles de Dommartin sont de gueules à la fasce d'argent

Les environs de Berg présentent plusieurs choses dignes de l'attention de l'archéologie. Sur la hauteur qui domine au nord les forges de Colmar et qu'on appelle le mont brûlé, il existe une crête de deux mètres de haut, dix de large et cent cinquante de long, dans la direction de l'équateur. C'est un amas de pierres précédé d'un fossé et qui semble avoir servi de batterie. Ce pourrait bien être un camp retranché des Romains, car le pays est couvert des traces qu'ils ont laissées. Ainsi dans le bois de Berghart il existe trois tumuli disposés l'un près de l'autre dans la direction des méridiens. Le plus grand de ces tertres a cinq mètres d'élévation sur vingt de diamètre. Un peu plus au nord, vers le chemin du bois et à dix minutes de l'ouest du village, nous en avons trouvé six autres, et dans les environs de Carlshoff il en existe encore deux fort considérables, l'un à quatre cents pas au Sud de la ferme et l'autre à égale distance à l'Est de la même ferme. On nous a dit qu'il y en avait également dans les bois d'Ettelbruck et de Baumsweg.

Il serait à désirer que l'on fît fouiller ces tertres. On y ferait peut-être des découvertes précieuses comme celles que le hasard vient de faire rencontrer au mois d'août dernier dans les environs d'Arras.

## Ettelbruck


On descend à Ettelbruck en longeant la droite de la vallée et en traversant le village de Schieren. Pour entrer dans la ville, on passe un beau pont de pierres à cinq arches, sous lequel roulent les flots de l'Alzette qui semble avoir hâte de terminer son cours. Cette rivière, après avoir fertilisé la plus belle partie de la province, animé et varié de si nombreux paysages, recueilli tant d'autres rivières et ruisseaux,

va tout à l'heure perdre ses eaux dans celles de la Sûre, qui iront, à leur tour se jeter dans les fleuves et s'évader avec eux dans les océans. Ausone, dans son poème de la Moselle, après avoir parlé de la Sûre, consacre à la rivière d'Alzette un distique dont voici la traduction :

*Marchant à son exemple en de gras pâturages*
*L'Alzette se complaît dans ses féconds rivages*

Ettelbruck, d'après l'étymologie teutonique de son nom, signifie pont d'Attila ; car en allemand, Ettel ou Etzel exprime le nom propre du roi des Huns, et Bruck veut dire pont. On nomme encore aujourd'hui pont d'Attila celui qui traverse la Sûre en allant à Diekirch, quoique ce ne soit plus celui dont la fondation est attribuée au « fléau de Dieu ». Ce dernier dont les piles sont encore visibles aux eaux basses, était placé à huit mètres en aval du pont actuellement existant, dont la construction date du règne de Louis XIV.

La ville d'Ettelbruck, avec ses dépendances politiques, telles que Berg, Birtrange, Erpeldange, Grentzingen, Ingeldorf, Schieren et Warcken, ressortissait jadis de la prévôté de Diekirch. C'est pour cette raison qu'elle n'envoyait point de député aux États.



## D'So vum Schlass vu Meringen

An der Beschreiwung vum Evêque de la Basse-Moûturie war Rieds vum Meringer Schlass; och wann dat a geschichtleche Beschreiwungen nit dacks ernimmt gëtt, sou gëtt et awer op d'mannst eng So dervun, an déi seet dëst:

Um Terrain vum Rouscht, do wou fréier de Weezoll op der Strooss vu Lëtzebuerg op Dikrech opgehuewe gouf, a wou lo e Cabaret ass wou Gedrénks am Grousse verkaaft gëtt, stoung ganz fréier mol e Schlass wou nach e puer Reschter iwwregbliwwe waren, an dat Schlass huet Meringen geheescht. Op den ale laténgesche Kaarte war et mat Moeringa agedroen. Do hunn an den éischte Jore vum Mëttelalter grouss Guttshären dra residéiert, déi renomméiertst dovu waren den Theobald an de Walther, zwee Helleger deenen hir Käpp am Schaz vun der Pëttener Kierch versuergt ginn, an déi deenen hir schéinste Reliquie sinn. D'Plaz gouf d'Barrière vu Meringen genannt, eebe wéinst dem Ophiewe vum Weezoll.

# Le chantier de la Montée de Nommern

En juin 2019, en amont de la construction d'un lotissement, un chantier de fouille préventive est entrepris sur le terrain entre la Montée de Nommern et Beim Wäschbur, à proximité de la Route de Luxembourg. En 2012, le CNRA y avait déjà pratiqué des prospections géophysiques puisqu'il se trouve au sein du domaine de la grande villa axiale gallo-romaine de Schieren, dont le bâtiment principal est visible depuis la route N7.

Les fouilles archéologiques concernent une superficie d'environ 2.600 m². Le terrain est en pente et les structures anciennes sont apparues sur différents niveaux. Elles ont été identifiées à une profondeur de seulement 20 cm, là où l'érosion était la plus importante, et à environ 60 cm sous la couche arable, où elles sont le mieux préservées.



Le bâtiment rectangulaire et les niveaux de démolition et d'abandon des structures romaines

## L'époque romaine – une annexe de la villa gallo-romaine de Schieren

Les découvertes plus superficielles concernent les niveaux de démolition et d'abandon des structures romaines. Les céramiques retrouvées au-dessus de ces niveaux induisent une fréquentation tardive du site. Elle peut s'expliquer par une récupération des matériaux de construction et des objets, sans pour autant avoir sur cette parcelle une réoccupation fixe du site.

Quant aux structures de l'époque romaine, l'élément le plus caractéristique est certainement le bâtiment rectangulaire identifié à la limite ouest du site, et qui avait déjà été signalé par la prospection au géoradar. Il s'agit d'un bâtiment d'environ 10 m de large et d'au moins 12 m de long (mais le bâtiment avance plus vers l'ouest, au-delà de la limite de fouille). Les murs sont faits de blocs de pierre équarri et de mortier sableux. Ils sont conservés sur une hauteur d'environ 60 cm à l'est et sont presque complètement érodés à l'ouest. Ils reposent sur des fondations en fosse remplies de pierres sans liant, d'une profondeur moyenne de 60 cm.

Le bâtiment fait partie de la Pars Rustica de la villa, c'est la partie consacrée aux travaux agricoles et artisanaux. Elle se positionne en aval du bâtiment résidentiel et constitue avec les autres bâtiments annexes une grande cour rectangulaire.



Pendant le nettoyage du bâtiment rectangulaire d'époque romaine

Il est difficile d'identifier formellement les activités produites à l'intérieur de ces bâtiments. En effet, elles peuvent être à la fois diverses et variées sans nécessairement laisser de traces tangibles. De plus, au fil du temps, ces activités peuvent changer tout en utilisant toujours le même édifice. L'analyse en cours des structures et des artefacts permettra peut-être de mieux comprendre la fonction du bâtiment au sein du système de production de la villa.

Toutefois, les données de fouille permettent de retracer un bâtiment composé d'une seule pièce, probablement subdivisée par des cloisonnements internes non maçonnés.

La pièce se compose d'un sol en terre battue, d'un probable entresol, ainsi que d'un foyer quadrangulaire positionné approximativement au centre. Une petite structure quadrangulaire en pierre sans liant a également été retrouvée.

Elle se constitue d'une chambre quadrangulaire accessible par un canal, servant probablement à sécher ou à fumer des denrées alimentaires.

L'accès au bâtiment se fait par le nord via et un chemin de pierres disposées en chevron, recouvert ensuite par des dalles de grès rouge. Il relie le bâtiment à un chemin de circulation orienté est-ouest, permettant d'accéder aux autres bâtiments de la Pars Rustica ainsi qu'à la partie résidentielle.

L'extérieur du bâtiment est ceint d'une surface composée de pierrailles et de cailloutis mélangés à des fragments de céramique, probablement dans le but de rendre la zone praticable aux déplacements. L'importance de drainer un sol saturé en eau est également attestée par la présence de plusieurs canaux de drainage en pierre, avec ou sans couverture conservée.

Les fouilles archéologiques ont également attesté l'existence d'autres phases avant le bâtiment en pierre. On y trouve deux séries de trous de poteaux. La première se constitue de quatre grandes fosses carrées pour des poteaux d'environ 70 cm de diamètre et la seconde présente quatre fosses ovales pour des poteaux inclinés d'environ 60 cm de diamètre. Ils témoignent de la présence d'au moins deux phases de constructions en bois avec environ la même collocation du bâtiment en pierre. On sait peu de choses sur l'organisation interne de ces anciennes constructions puisque la phase la plus récente, celle de l'édifice en pierre, a effacé leurs traces. Il est toutefois fort probable que l'on attribue à ces phases un système de canalisations pour l'évacuation des liquides, pour lequel, nous ne sommes pas actuellement en mesure de proposer des interprétations convaincantes.



**Un probable fumoir/séchoir pour les denrées alimentaires**



**Pendant le nettoyage du chemin d'accès au bâtiment rectangulaire**



**Le foyer quadrangulaire**

## Une découverte inattendue – traces de l'âge du fer

Une découverte exceptionnelle a également été faite au sud de l'édifice rectangulaire, sous le niveau romain et certainement plus visible à cette époque-là. Il s'agit d'un fossé naturel très large (environ 2.50 m) et profond 0.80 m, à profil variable, qui suit la pente du coteau d'est en ouest. La fouille des remplissages du fossé a mis au jour une grande quantité de céramique datant de l'âge du fer.

Dans ce cas, il s'agit de matériaux transportés par le ruissellement des eaux le long des pentes de la colline et aucun site de peuplement primaire n'a été identifié lors de la fouille. Cependant, le bon état de conservation des fragments céramiques de nature fragile, suggère que le site d'habitat n'était pas trop loin de là, peut-être un peu plus en amont.





Un fond de jatte décoré en céramique de l'âge du fer

## Perspectives

Seules les futures fouilles plus en amont (est) ou en aval (ouest) de la zone examinée permettront de vérifier la continuité des structures déjà identifiées et d'en clarifier l'extension. Cependant, bien que les données soient encore partielles, si on couple les informations livrées par cette fouille aux données des fouilles menées par le CNRA entre 2007 et 2021, nous pouvons reconstituer une étape importante de l'occupation de la zone à l'époque romaine et antérieure.



Le chemin d'accès au bâtiment et un canal de drainage pendant la fouille



Le système de canalisations pour l'évacuation des liquides -

# SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS

## Football : Jeunesse Schieren

Objectif de la saison : La Jeunesse ambitionne de retrouver la Promotion d'Honneur (2e échelon du football national) quittée en 2010. Depuis la création du club en 1946, soit en 75 ans, l'équipe a occupé par intermittence ce niveau qu'au cours de cinq saisons (la première fois en 2000).

Dans son championnat 2021/22, l'équipe 2 de la Jeunesse va lutter pour se maintenir au niveau élevé que représente la Classe 2 (deuxième niveau national qui en compte quatre). Après les six premiers matchs, l'équipe pointe à la 9e place (sur 14).

## Tennis : Tennis club de Schieren

Le rideau est tombé sur la saison. Champion en nationale 5 devant Wiltz, Schieren accède à l'échelon supérieur, un niveau que l'équipe avait quitté en 2019 après une mauvaise saison. L'équipe championne est composée de Patrick Schaber, François Pires, Dan Schaber (fils de Patrick), Jean-Pierre Gauthier jr., Johny Mergen, et Claude Lonien.

En senior Dames, Laura Thill, Myriam Nilles, Jessica Nilles, Michèle Hermann-Meyer, Ann Zeimes et Laura Hermann ont porté l'équipe à la 2e place de la poule C en Nationale 4. Versées dans la poule/champion pour la montée en division supérieur, l'équipe de Schieren a trouvé plus fort sur son chemin et restera en Nationale 4 l'été prochain.

En Nationale 2 (poule B) +35 ans, aucune défaite pour les représentants de Schieren, mais ils ont terminé tous leurs matchs sur un partage (2-2). Résultat : une troisième place au classement final avec aux raquettes Johny Mergen, Claude Lonien, Jean-Pierre jr Gauthier, Guy Wohl et Patrick Schaber.

En 35+ dames, l'entente Schieren/Diekirch a emporté la poule B du championnat de Nationale 2. L'équipe est composée de Brigitte Elcheroth-Lorang, Myriam Nilles, Michèle Hermann-Meyer et de Jessica Nilles. Justine Godziewski, Carmen Anthon et Annick Mousel.

À noter encore, l'équipe garçons U18 (entente avec Diekirch et Wiltz) avec entre autres Mats Jung et Jules Nickels a terminé troisième en nationale 3 / poule B.

## Basket : Black Frogs Schieren

Pas moins de onze équipes sont engagées dans la saison 2021/22. Le début de championnat est plutôt positif. L'équipe hommes (nationale 3) et l'équipe dames (nationale 2) sont dans le 1er tiers du classement après trois matchs. L'équipe 2 hommes est deuxième en division 2, l'équipe 3 hommes en milieu de tableau (division 4).

## Pétanque : Schierener Bullemettiën

Pour la deuxième année consécutive, le championnat a été annulé. Mais les membres du club ne sont pas restés les bras ballants.

L'équipe de Schieren a atteint les 1/2 finales de la coupe de division 2, éliminée par Mondorf 3 - 2.

Les deux points ont été gagnés par la triplette mixte composée de Jean Bastos, Van Hug Bui et Amunzia Ventil (vainqueur de leur duel sur le score de 13 - 3) et la doublette libre 2 composée de Félix Schmol et Van Hung Bui (vainqueur de leur duel sur le score de 13 - 2).

En 16e de finale de la coupe de Luxembourg, Schieren a éliminé Pétanque des Faubourgs Luxembourg 3 - 2.



# SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS



Les points ont été gagnés par la triplette : Guy Hastedt, Félix Schmol et Romain Pauly, la doublette formée par Guy Hastedt et Romain Pauly et celle de Nunzi Mentil et Jean Bastos.

Au stade suivant, les joueurs de pétanque de Schieren ont échoué face à Mondorf (2 - 3). Les points ont été gagnés par la triplette de Nunzi Mentil, Jean Bastos et Félix Schmol et la doublette, Félix Schmol – Van Hung Bui.

## Autres activités en 2021:

| | | |
|---|---|---|
| **05.06.2021** | **La Nuit du Sport** | |
| **26.06.2021** | **Championnat Interclub „Tête à Tête" (21 hommes et 7 femmes)** | |
| | Licenciés Masculin : | 1. Link Guy<br>2. Lorang Jim<br>3. Bui van Hung |
| | Licenciées Féminin : | 1. Mentil Nunzi et Jost Guig<br>3. Michels Rose |
| | Loisir Masculin : | Thill Carlo |
| | Loisir Féminin : | Hengen Nicole |
| **21 et 22.08.2021** | **Championnat Interclub Doublettes (24 équipes)** | |
| | Licenciés Masculin : | 1. Hastedt Guy et Pauly Romain<br>2. Schmol Felix et Link Guy<br>3. Besseling René et Bettel Roby |
| | Licenciées Feminin : | 1. Reiter Christianne et Maguy Fixemer |
| | Mixte : | 1. Jost Guig et Pino d'Andrea<br>2. Wagner Maryse et Pauly Romain<br>3. Mentil Nunzi et Besseling René |
| | Loisir Masculin : | 1. Bemtgen Nico et Bemtgen Romain |
| | Loisir Mixte : | 1. Brigitte Lorang et Elcheroth Paul |
| **Rencontres amicales :** | | |
| 11.08.2021 et 14.09.2021 | Schieren – Bertrange | |
| 23.08.2021 et 25.08.2021 | Schieren – Mersch | |
| 30.08.2021 | Schieren – Amicale de Diekirch | |
| 26.09.2021 | Schieren – Red Bulls Steinheim (30 équipes présentes : score 31 - 29). | |

Avis aux amateurs. Les amoureux de la pétanque seront heureux de vous accueillir tous les lundis et mercredis à partir de 17 h 30. Et on ne s'ennuie pas puisqu'en moyenne, ils sont une quinzaine à lancer les boules vers le cochonnet.

# SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS/SPORTS

## Athlétisme : Celtic Diekirch

Vainqueur 11 fois en 17 courses cette année, Damien Pechon (catégorie scolaire) a amélioré cette saison son meilleur temps sur 1000 mètres de 18 secondes (distance de référence dans cette catégorie) à 2 minutes 57"24, temps réalisé lors de la coupe des jeunes à Diekirch le 2 octobre. C'est la 4e meilleure performance nationale réalisée en catégorie U14 (moins de 14 ans) depuis 2008. C'est aussi la 5e meilleure performance de l'année en Belgique (U14). Avec sa double nationalité, il a participé au championnat de Belgique officieux à Nivelles qu'il termine au pied du podium, à la quatrième place en 2 minutes 59"72.

## Athlétisme : CAPA Ettelbruck

Exploit de Rui Domingos. Agé de 50 ans, l'habitant de Schieren a couru 75 km dans un dénivelé positif de 1900 mètres au trial de Mullerthal (Echternach). Il termine 14e sur 77. Détail : le départ était donné à 5 heures du matin...

Mais Rui Domingo a fait mieux encore. En juillet, il a pris part à l'épreuve mythique de „La course du Mont Blanc", l'un des trails les plus techniques du paysage français sur des sentiers de montagne. Terminer l'épreuve est déjà un exploit. Il s'agit de parcourir 90 km avec un dénivelé de 6020 mètres. Le coureur de Schieren a bouclé l'épreuve en 19 h 03 min 56. Sa place 256e sur 373 participants auxquels il faut ajouter 44 abandons. Dans sa catégorie d'âge, il se classe 20e sur 55. Autre détail : ici le départ était donné à 4 heures du matin.

Au triathlon de la Moselle à Grevenmacher (500 m de natation, 20,8 km à vélo, 5 km de course à pieds), Michael Reiser, 42 ans, s'est hissé à une belle 11e place dans un bon temps de 1 heure 13"47.

En catégorie débutant, belle progression de Hannah Ludovicy (2011). Sur 800 mètres, Hannah a amélioré cette année sa meilleure performance de 22 secondes, à 3 min. 07". Au lancer de balle (qui précède le lancement du javelot destiné aux plus âgés), Hannah améliore sa performance de 6 mètres à 17,50 mètres.

Sur les deux tours de piste (800 mètres), avec le temps de 2 minutes 56"93 réalisé sur la piste de Diekirch le 18 septembre, Daria Pechon (2011) a inscrit son nom sur les tablettes de la meilleure performance des athlètes nées en 2011 de l'année au Luxembourg.

Comme Malou Hansen (2011) nouvelle inscrite et qui a débuté son apprentissage, le CAPA fait appel à des nouveaux candidat(e)s pour gonfler ces équipes de 10 ans et plus.

## Cyclisme

Membre de l'équipe Leopard Pro Cycling, Loïc Bettendorf a terminé 3e du championnat national sur route 2021 et 2e du contre la montre en U23.

À la classique Liège Bastogne Liège U23 disputée le 19 septembre, l'habitant de Schieren finit dans le 1er groupe de poursuivants, à la 27e place.

Le 11 octobre, il a remporté le titre de champion du Luxembourg en VTT XCM à Belval, quelques jours après son succès au cyclo-cross de Brouch.

Lenn Schmitz a terminé cinquième du cyclo-cross à Brouch chez les débutants. Sa sœur Anouk s'est classée 1ère junior féminin. Leur papa Marc s'est mêlé à la course Masters et accroche une belle 8e place.

# F.C JEUNESSE SCHIEREN Anniversaire 75 Joer


Dëst Joer feiert den F.C. Jeunesse Schieren säi 75. Gebuertsdag. Leider hunn sech d'Feierlechkeete wéinst Covid 19 op een strikte Minimum beschränke missen. D'Coupe vum 75. Anniversaire ass Mëtt August gespillt ginn, an gewonne huet d'Equipe aus dem Pafendall/Weimeschkierch. Weider Evenementer si geplangt an elo schonns sollt een sech de 26. Mäerz 2022 notéieren, wou et eng „Journée des Anciens" gëtt.

Den F.C. Jeunesse Schieren ass domat deen eelsten an och dee gréisste vun de Schierener Sportsveräiner. D'Grënner aus dem Januar 1946, déi leider alleguer nit méi ënnert äis sinn, wollten no deene battere Krichsjoren der Jugend Geleeënheet ginn fir ze vergiessen.

Een éischte Futtballveräin gouf et schonns virum Krich (1929) deen zu Grenzen gespillt huet. Dëse Veräin gouf réicht 1934 offiziell Member vun der Futtball-Federatioun. Géigner an deenen éischte 5 Joer, wou et nëmmen „wëll" Frëndschafts-matcher gouf , waren ënner aneren Esch/Sauer, Welschent an Méchela. Am Krich hunn d'Nazi dëse Veräin opgeléist.

Deen éischte Championatsmätch vum neie Veräin gouf de 25. August 1946 géint Géisdref mat 3-0 gewonn . Vun deenen 8 Équippen dei deemools an der III. Divisioun woren huet ausser Schieren just nach Mäerzeg bis haut iwwerleeft. Stellvertriedend fir déi geschaten 1000 Spiller, déi am Laf vun deenen 75 Joer d'Faarwen vum Veräin gedroen hunn, sief hei d'Equipe vun deemools genannt; Fischbach Henri, Kirsch Felix, Fiedler Emil, Garson Jemp, Rodolphe, Hennes Georges, Gengler Nic, Duschang Albert, Helbach Paul, Bley Jemp, Thoma Martin.

Natierlech huet sech am Laf vun deene 75 Joer villes geännert wat d'Grënner kaum virausgesi konnten. Et geet duer, d'Nimm vun de Spiller op engem Arbitteschbou vun deemools mat engem vun haut ze vergläichen. Déi demographesch, wirtschaftlech a gesellschaftlech Entwécklung vum Land huet natierlech nit virum Futtball Halt gemeet an dat ass och gutt esou. Domat kann eent vun eisen Objektiver, nämlech d'Integratioun vu Kanner mat Immigratiounshannergrond, realiséiert ginn. Um Terrain schwätzen d'Spiller aus alle Länner déi selwecht Sproch, nämlech déi vum Futtball. Ween domat een Problem huet soll sech d'Klassebicher vun 1946 an 2021 ukucken.




Opstellung vum éischten Championnats Match géint Géisdref

Leider ass et am Sport, an nit nëmmen am Futtball an doudsécher nit nëmmen am Schierener Futtball zu enger Entwécklung komm déi d'Grënner och nit virausgesi konnten, genau wéi se d'Entwécklung vun den aktuelle Präisser vu Bauplazen kaum vir méiglech gehal hätten. Haut geet et, an och dat ass ee Spigelbild vun eiser Gesellschaft, ëm „Money, Money makes the world go round". An iwweregens goung et deemools, wou d'Transfertzommen tëschent de Veräiner nach fräi ausgehandelt goufen, och schonns em richteg vill Suen. Deemools huet de Veräin missen d'Accord sinn, soss krut de Spiller nëmmen eng B Lizenz an huet am neie Veräin nëmmen an der Reservemannschaft dierfe spillen. Esou hu mer 1963 ee Spiller un Ettelbréck fir 30.000 Frang ( =EUR 750) verkaaft. Aktuell wären dat EURO 5.000. D'FLF huet deem Spill Gott sei Dank en Enn gemaach an d'Transfertzommen sinn haut festgeluecht a moderat.

Et heescht also entweder matmaachen oder nach „just for fun“ ze spillen. De Schierener Futtball huet, am Kader vun senge Méiglechkeeten, entscheet matzemaachen. De Schierener Futtball huet awer och entscheet weider an d'Jugendaarbecht ze investéieren a knapp 70 Lizenze sinn den Bewäis derfir. Am Futtball ass et wéi am Liewen, déi Bescht solle spillen an eng Quotereegelung gëtt et Gott sei Dank net. Datt äis Aarbecht nit esou schlecht ka sinn kann een um Beispill vum Diogo Pimentel gesinn, deen an der Fola spillt an am Kader vun der Nationalmannschaft ass. Den Diogo gouf vun 13 bis 18 Joer zu Schieren forméiert.

Bei eisem 50. Anniversaire ware mir leider ofgestigen. Et ass duerno awer besser ginn an déi lescht 25 Joer ware sportlech gesinn e Succès. Zweemol hate mer et gepackt an d'Éierepromotioun ze steigen an domat zu deenen 28 beschte Veräiner vum Land ze gehéieren Wéinst Corona sinn déi zwou lescht Saisonen ofgebrach ginn. Aktuell sti mer op der éischter Platz an der I. Divisioun (Stand 3.10.2021 ) Eent vun eisen Haaptproblemer ass de Manko u Benevoller. D'Moyenne vum Alter vum Kommitee läit bei +/- 65 Joer. Bei der Grënnung 1946 waren nach méi Kandidate wéi Plaze fir an de Kommitee ze kommen do. Dat Joer duerno gouf Musek gegrënnt, där mir elo schonns alles Guddes fir hire kommende 75. Anniversaire wënschen. Duerfir op dëser Plaz een Opruff; Mellt Iech bei eis fir an de Kommitee. Mir bäissen nit. Als Bewäis vun der Kontinuitéit stinn och déi nëmme 6 Präsidenten an deene 75 Joer, genau wei déi nëmme 4 Sekretären. Et heescht allerdéngs plus minus 50 Deeg am Joer säi Mann* Frae ze stellen.

Eis Equippe géifen sech bei de Matcher gären op méi Ënnerstëtzung freeën. D'Zuschauerzuelen si wéi bal iwwerall (an net nëmmen am Futtball oder am Sport generell) erofgaangen.

De Futtball seet der Gemeng fir hir finanziell a materiell Ënnerstëtzung am Laf vun deene 75 Joer Merci an hofft, datt de Projet vun enger neier Buvette a Vestiaire fir den 77. Anniversaire ageweit ka ginn. Ee grousse Merci och fir eis Sponsoren an Supporter ouni déi mer nitt kënnen iwwerliewen. Ee ganz spezielle Merci un eise Supporterclub, deen an de 60er Jore gegrënnt gouf. Elleng déi lescht 10 Joer goufen EURO 160.000 un de Futtball Club iwwerwisen. Ouni hien kënne mer apaken. Aktuell ass de Supporterclub een 3 Fraen /Männer Team, dee muer d'Bengele bei d'Tromm geheie kann, an dann steet och dës Buvette zimmlech eidel do.




Viru 75 Joer huet de Marx Nick, deen den éischte Sekretär vum Club war, den Nopeschveräiner vun Ettelbréck an Dikrech e Bréif geschriwwe fir se op d'Ouverture-Matcher vum Terrain anzelueden .. Ugefaangen huet hien de Bréif (Originaltext): *Et ass Iech vleicht net onbekannt datt mir zo' Schieren endlech een anständegen Footballclub op d'Bén gesât hun.* An zum Schluss schreift en; *Wann et Iech meiglech ass, eis als “ Babypartner” op de' Mane'er e klenge coup d'épaule ze gin, dat ge'w eis se'er vill Fréd man.* 75 Joer méi spéit si mer nach ëmmer een „anständege“ Veräin an aus dem „Babypartner“ ass een Partner op Aenhéicht ginn. D'Grënner wäre sécher stolz op hir Nofollger.

Op déi nächst 75 Joer.

Vive den F.C. Jeunesse Schieren

*Fir de Kommitee*
*Schmit Änder Vize-President*

# 50 Joer Fraen a Mammen Schieren

Den 9. Oktober 2021 hunn di Schierener Fraen a Mammen hire Cinquantenaire gefeiert. Et war am Joer 1971, wou den Här Paschtouer Robert Wivinius mat e puer Dammen aus dem Duerf d'Initiativ ergraff huet fir och hei zu Schieren eng Sektioun vun de Fraen a Mammen ze grënnen. Grënnungsmembere waren:

| | |
|---|---|
| **Presidentin :** | Madamm Leonie Gengler |
| **Vizepresidentin:** | Madamm Eugenie Petry |
| **Memberen :** | Madamm Marechen Bartholmé |
| | Madamm Marie-Louise Berwick |
| | Madamm Marechen Flammang |
| | Madamm Ketty Klein |
| | Madamm Leonie Ley |
| **Presidentinnen bis haut waren, respektiv sinn :** | |
| | Madamm Leonie Gengler |
| | Madamm Marechen Bartholmé |
| | Madamm Cécile Feinen |
| | Madamm Margot Meisch |
| | Madamm Henriette Mathias |

An deene 50 Joer waren am Ganze siwe Paschtéier hei zu Schieren, déi alleguer aktiv um Liewe vun de Fraen a Mammen deelgeholl hunn. Dëse Veräin huet d'Restauratioun vun der Kapell um Kierfecht mat finanzéiert an huet der Kierch eng Statu vun der Muttergottes gestëft, déi vun der Schwëster Nols geschnëtzt gi war. Méi rezent ass och d'Bedeelegung un der Finanzéierung vun der neier Kréppchen. Do dernieft si sozial, kierchlech a kreativ Initiativen ënnerstëtzt ginn, an den Total vun den Donen beleeft sech bis elo op 266.393 Euro, wat pro Joer eng Moyenne vun iwwer 5325 Euro ausmécht, eng imposant Zomm.




Do dernieft huet de Veräin och e Choix vun zwou Agappen ugebueden, déi d'Gäscht mat engem Pättche genéisse konnten. Fir den Dessert stoung e groussen Taartebuffet zur Auswiel, alles gebak vu Fräiwëllegen, fir op der Plaz z'iessen oder mat heem ze huelen. Fir all dat op d'Been ze stellen,huet et vill Mataarbecht vun de Membere gebraucht, an déi waren och all Joer um Dill wann et geheescht huet, bei deem groussen Aarbechtsopwand eng Hand unzepaken. Den aktuelle Comité huet deen Asaz nach ëmmer héich geschat an hält drop hinnen alleguer op dëser Plaz en décke Merci fir hir Ënnerstëtzung an hiren Engagement auszespriechen.

Zwee Coursen am Bake waren am Laf vun de Joren organiséiert ginn, an als klenge Merci fir di geleeschten Aarbecht huet de Veräin bal all Joer och en Dagesausfluch organiséiert. Hei kann een erausgesinn, datt bei de Fraen a Mammen Schieren de Volontariat mat ganz grousse Buschtawe geschriwwe gëtt, well dat ass an den haitegen Zäite guer nit méi sou evident.

D'Suen fir dës aussergewéinlech Zomm stame bal nëmmen aus der Organisatioun vun engem Basar, deen all Joer organiséiert gouf. Dobäi war de Sall an der aler Schoul all Joer struppevoll, an do hunn och Membere vun den Nopeschsektiounen hir Visittekaart ofginn. Vill Fräiwëlleger aus dem Veräin hunn dobäi am Laf vun de Joren hiert Talent bei all Zorte vun Handaarbecht bewisen, all Kéier eng vun den Attraktioune vun dësem Basar. Eng grouss Tombola mat praktesche Gewënner huet och zum finanzielle Resultat bäigedroen. Memberen an Nitmemberen hunn Haushalts- an Dekoratiounsartikele gestëft.







Den 9. Oktober ass lo de Cinquantenaire e bësse méi feierlech begaange ginn, wou de Programm de folgende war:

10.15: Rendezvous bei der Kierch

10.30: Feierlech Houmass

12.00: Aperitif an duerno Mëttegiessen

Als Éieregäscht ware vun der ACFL d'Presidentin an zwee Membere vum Comité present

Den aktuelle Comité besteet aus folgende Leit :

| | |
|---|---|
| **Presidentin:** | Henriette Mathias |
| **Keessjee:** | Irma Feipel |
| **Sekretärin:** | Annette Thiry |
| **Memberen:** | Marga Blasius<br>Nelly Gengler<br>Thérèse Storck +<br>Gilberte Welter |

Iwwer dëse Wee mécht d'Presidentin en Opruff u fräiwëlleg Damme fir aktiv am Comité matzeschaffen, well di néideg Zuel vu 7 Memberen am Ament nit méi erreecht gëtt.

An der nächster Nummer vum «Louis» komme mer dann ausféierlech op den Oflaf vun dëse Festivitéiten zréck.


















# Beschreiwung vun der ACFL



Di kathoulesch Fraenaktioun zu Lëtzebuerg ass e liewege Veräin mat Fraen a fir Fraen, déi ëmmer a Beweegung sinn an déi sech e gemeinsaamt Zil ginn hunn, an de Motto vun hinnen ass : Stëllstand ass nit gefrot.

Hire Logo ass den Ausdrock duerfir datt hir Beweegung eng Zukunft huet, well hie fuerdert all Memberen op, datt nit alles soll beim Ale bleiwen, mee datt si sech opmaache fir all méiglech Neierungen a sech den Erausfuerderunge vun der Géigewaart an der Zukunft stellen, an dat am Vertrauen op de gudde Geescht vum Herrgott. An deem Sënn soll een de Logo als d'Resultat vun engem Wee gesinn, deen déi Fraen zesumme ginn.

Action Catholique des Femmes du Luxembourg

Hire Logo ass de modernen Ausdrock a symbolesche Biller, an déi Biller sinn ënnerenee verbonnen duerch zwou wäiss Linnen, déi an der Form vun engem Kräiz ufänken, a si symboliséieren de Wee deen d'Frae vun der kathoulescher Fraenaktioun zesumme ginn.

Am éischte Quadrat fanne mir d'Kräiz als Zeeche vun eiser Erléisung, et steet fir Jesus Christus, an an deem Kräiz huet eisen Engagement seng Wuerzelen. Vum Kräiz geet eng nei Dynamik aus, vum Kräiz huele mir ëmmer erëm d'Kraaft, nei Brécken ze bauen, Brécken tëscht de Generatiounen, Brécken tëscht anere Kulturen a Glawensrichtungen, Brécken tëscht arem a räich. Di hellblo Faarf steet fir de Glawen an d'Vertrauen, et kann een doran awer och dat marianescht Blo gesinn, dat un déi Fra erënnert, déi eis besonnesch zu Lëtzebuerg am Laf vun de Joerhonnerten an all Zort vu Krisen a Katastrophen ëmmer erëm Orientéierung an Halt ginn huet, an dat ass d'Gottesmamm Maria.

Am zweete Quadrat gesi mer Fraen, déi sech bemierkbar maachen. Déi danze gewëssermoossen aus der Rei a si bréngen sech doduerch bewosst méi an. Dës Beweeglechkeet oder Flexibilitéit erënnert un den Asaz an d'Kreativitéit vun esouvill Fraen an der ACFL: mir Frae sinn e wichtegen Deel vun der Kierch, och wa mer méi am Hannergrond aktiv si wéi d'Männer, an dobäi ass eisen Asaz an eis Aarbecht sou wichteg an eis Interpretatioun vu Glawen a Relioun ass eng Beräicherung.

Di aner Quadrater sti fir déi verschidde Beräicher an deenen d'Frae vun der ACFL aktiv sinn, wou si kloer Meenungen an Iwwerzeegungen hunn an och dozou stinn, wéi gesellschaftspolitesch Sujeten, Solidaritéitsaktiounen heiheem an am Ausland, Zesummenaarbecht an Austausch mat aneren Organisatiounen, Ausbau vun der eegener Kreativitéit, reliéis a spirituell Weiderbildung, zesumme bieden an och zesumme feieren an nach där Saache méi. Di ënnerschiddlech Faarwe vun den dräi Quadraten drécken déi Villfältegkeet aus a lueden eis an, eis doranner selwer ze fannen. De Logo fuerdert eis op, matzegoen, matzemaachen a soll fir all Member vun eiser Associatioun d'Markenzeeche vun der kathoulescher Fraenorganisatioun sinn.

Fënnefmol am Joer gi mir eng Zeitung mam Numm Marienland zu verschiddenaartege Sujeten eraus. Zesumme schaffen, zesummenhalen, an eis an deem aneren hëllefen, sou huet eis Aktioun, sou hu mir eng Zukunft.

# Qualitéitswanderweeër am Norde vum Land

Och zu Schieren huet de grousse Projet fir d'Wanderweeër am Norde besser ze zeechnen an och méi attraktiv fir de Wanderer ze maachen, säin Nidderschlag fonnt. Niewent de lokale Wanderweeër déi 2020 jo nei gezeechent goufen, ass am Kader vum ORT (Office regional du Tourisme) Projet nach ee lokale Wee dobäi komm. Hien ass mat „SI1" gezeechent a Start/Arrivée ass bei der Kierch. Fir d'Zeechne waren eis Leit aus dem Atelier technique zoustänneg an hinnen dofir op dëser Plaz ee Merci fir hir exemplaresch Aarbecht. Am Kader vun der Neiorganisatioun huet d'Gemeng drop gehale fir eng kleng Ännerung beim Verlaf vun dem Sentier Adrien Ries ze froen. De Wee soll vum Vëloswee PC15 Colmer Richtung Ettelbréck wech geholl ginn an erëm dohi geluecht ginn, wou en ursprénglech definéiert war. Dat heescht hie geet vun der Colmer Gare erop an d'Héicht an dann iwwert de Contournement mat enger schéiner Vue op d'Colmer Schlass an och d'Biertrenger Schlass, dono laanscht eise Site vun den archeologeschen Ausgruewungen bei der Réimervilla an ënner dem Contournement weider Richtung Ettelbréck. Fir op der Colmer Gare de Wanderer de Passage iwwert d'Kruuchtenerstrooss méi sécher ze maachen, ass a Rekordzäit vun der Gemeng een neie Wee gemaach ginn, deen direkt bei der Gare iwwert d'Strooss geet an dann duerch de Bësch de Bierg aus. Et brauch een also net méi laanscht d'Strooss Richtung Kruuchten ze goen.




Och eise lokale giele Wanderwee mat senger laanger a kuerzer Versioun ass elo bësschen anescht gezeechent ginn, mee ass awer elo am Kontext vun der Sécherheet fir de Wanderer besser ze goen.

Nach eng kleng Info zu dem Sentier Adrien Ries > Nationale Rondwanderwee deen ëm d'Gemenge vun der zukünfteger Nordstad geet an eng Gesamtlängt vun ~50 km huet. Dat wat flott ass: Et kann een an den eenzele Gemengen ëmmer erëm ofbriechen oder neistarten, esou dass een déi 50 km och kann a méi klengen Etappe maachen. De Wee ass och esou gezeechent, dass een en an déi eng oder déi aner Richtung ka goen.







ÉISLEK
Mir sinn uewen






## Cycle 1 Précoce A

*Titulaire de classe :*
**Véronique Ludovicy**

*Educateur :*
**Ruben Nabais Tavares**

Agostinho Almeida Martim
Albersmeyer Jasper
Alegre Pauwels Amélie
Apolinário Claro Samuel
Barros Malheiro Enzo
Bartholmy Chloé
Da Cruz Vale Leandro
Dolozel Moreau Max
Jin Jenny
Pereira da Silva Camila
Pinto de Almeida Dinis
Rodrigues Ferreira Thaina





## Cycle 1 Précoce B

*Titulaire de classe :*
**Leone Rosanna**

*Educatrices :*
**Pereira Macedo Marisa & Wantz Annick**

Carvalho Luan
Dos Santos Sousa Yoan
Heischbourg Léini
Labelle Helbach Kylian
Morim Fandel Emilya
Pereira Lourenço
Peters Pit
Rivera Sousa Taylor Maia
Rodrigo Emily
Simon Eve
Wszolek Sebastian



## Cycle 1.1A

*Titulaires de classe :*
**Paula Barros**
**Mireille Faber**

Correia Mendes Gonçalo
Cunha Amy
Gomes Morais Keilana
Heischbourg Pier
Hemmerling Mira
Kipgen Noémie
Leite da Vinha Clara
Loscheider Goerens Noah
Mendes Monteiro Liziane
Mestre Mia
Peters Tim
Petitjean Nora
Pierri Mattia
Rodrigues Pereira André
Stan Nolan
Thill  Leonie
Wagner Marie
Wolter Sophie



## Cycle 1.1B



*Titulaire de classe :*
**Jessica Reiser**

Bartholmé Liam
Castro Cardoso Liana
David Freitas Lahyssa
El Mir Abdullah
Ferreira de Sá Mariana
Gonçalves Zoé
Labelle Helbach Logan
Mendes Lage Diogo
Migueis Lessa David
Muratović Alaya
Queta Mathias
Santos Pina Ryan
Schilling Raphael
Sorrentino Damiano
Wszolek Alexander
Zeimetz Milan



# Cycle 1.1C

*Titulaire de classe :*
**Martine Scheuren**

Babacic Emina
Brito Rivera de J. Stefania
Büchler Maxime Olivier
Ceranic Hana
Ferreira Martins Lisa
Ferreira Pitães Alexia
Guirsch Emma
Hau Elias
Heiles Noah
Jacoby Louis
Lorito Rafael
Martins Basto Keylan
Morais David
Ourth Zoé Carole
Pereira Lopes Leilana
Pereira Vicente
Reiser Rodrigues Martin





Maison Relais « Rousenascht »

École Fondamentale

Éducation Précoce « Butzeschoul »

# Cycle 2.1 A

*Titulaire de classe :*
**Nosbusch Charline**

Afonso Vaz Iris
Back De Lima Clara
Balazadeh Patrick
Dalfino Ramos Loan
Dias Araujo Lyah
Hurt Loredana
Ludovicy Lena
Recken Meisch Lucca
Rosati Alessio
Suleiman Tony
Wagner Petit Léon



# Cycle 2.1B



*Titulaire de classe :*
**Ferreira Dos Santos Melanie**

Alff Julie
Badic Dzejla
Blajut Matei-Sebastian
De Sousa Silva Matilde
Furtado Correia Edgar
Gonçalves Ribeiro Joel
Kraus Leo
Melmer Mett
Schloesser Claude
Simon Mats
Suleiman Larissa
Toussaint Léo



# Cycle 2.2A

*Titulaire de classe :*
**Weber Blanche**

Afonso Duarte Alex
Albersmeyer Finja
Alegre Pauwels Levi
Bartholme Kolia
Baur Lyam Lou
Correia Mendes Beatriz
Cunha Jayson
Kayser Julie
Pinto De Almeida Martim
Queta Louana
Schilling Johanna
Teixeira Liam
Venancio Postel Naela



# Cycle 2.2 B

*Titulaire de classe :*
**Leone Giusy**

Ahmatovic Sumeja
Alff Louis
Barros Rodrigues Rodrigo
Cabral Fernandes Mayara
Hansen Nicolas
Leite da Vinha Clayton
Migueis Lessa Mathilde
Monteiro Rico A. Filipa
Mossong Jayson
Perreira Diego
Teixeira Rolo Marques Athéna



# Schierener Schoul
# Léierpersonal 2021–2022



Bosco Roland
Carvalho Do Rio Catia
Conte Andrea
Dos Santos Jill
Faber Mireille – *absente*
Ferreira Dos Santos Melanie
Gilson Patricia – *absente*
Hoffmann Pascal
Koks Martin
Leone Giusy
Leone Rosanna
Ludovicy Véronique
Mayer Vicky
Nabais Tavares Ruben – *absent*
Nosbusch Charline
Nosbusch Julie
Pereira Macedo Marisa
Reiser Jessica
Richartz Diane
Rischard Sylvie – *absente*
Rodrigues de Barros Paula
Scheuren Martine
Stüren Myriam
Thill Sabrina
Wagener Jessica – *absente*
Wantz Annick
Weber Blanche

# Kooperatioun an lokal Vernetzungen

Dëst Joer gouf d'Aktioun „Gielt-Band-Hei dierft dir pläcken" vum Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a Ländlech Entwécklung an dem Syvicol an d'Liewe geruff.

D'Gemeng Schieren huet verschidde Beem mat engem giele Band markéiert. Och mir als Crèche Bim Bam, wollten eis un där flotter Initiativ vum Antigaspi bedeelegen. Well et eis wichteg ass fir Zesummenaarbecht mat externe Bildungspartner, an dësem Fall, der Gemeng ze fleegen an ze fërderen. Esou koum eis d'Iddi fir mat der Gemeng zesumme mat de Kanner vum Grupp Léiwen Äppel pläcken ze goen.

En Donneschdeg 30. September 2021, koum de Gäertner Jérôme eis um 10 Auer bei Crèche sichen an hien ass mat eis zesummen an eng Wiss gaangen, wou zwee grouss Äppelbeem stoungen déi mat engem giele Band markéiert waren. All Kand krut säin eegenen Eemer, den Jérôme huet d'Äppel gepläckt an de Kanner an hir Eemeren verdeelt. Et huet een an den Kanner hire Gesiichter d'Begeeschterung an d'Freed gesinn fir un dëser Aktivitéit an der Natur deelzehuelen.

E puer Kanner wollten sech et net entgoe loossen fir voller Genoss scho beim Pläcken an een Apel ze bäissen.

Mir soen dem Tim an dem Jérôme villmools Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht, an datt si de Kanner déi flott Erfarung erméiglecht hunn.

*Grupp Léiwen*













elisabeth enfance

# TC Schieren – Summersaison 2021

D'Summersaison geet esou lues op en Enn, dofir wëlle mir iech déi läscht Méint eng Kéier Revue passéiere loossen an eis duerno lues awer sécher op eng bësse méi roueg Wanterphase preparéieren.

Am Artikel vum Daniel Pechon fannt der Detailer zu eisem Championnat wat am Abrëll gestart ass.

Op Nationalfeierdag hate mir, wéi d'läscht Joer och schonn, ee flotten Tennisdag fir all eis Memberen organiséiert. Jiddereen dee Loscht hat fir Tennis ze spillen, egal op Grouss oder Kleng, huet sech kënnen umelle fir puer Stonnen um Tennisterrain ze verbréngen. Bei perfektem Wieder hu mir puer flott Dubbele géintenee gespillt. Duerno gouf et sech mat puer Saache vum Grill gutt schmaache gelooss.

Den 1. Juli huet dann och de Bistro „beim Décken" seng Dieren opgemaach. Deen een oder aner vun iech ass bestëmmt scho bis luusse komm a konnt sech vum flotte Kader an deem gudden Iessen iwwerzeege loossen. Och wa mir ab Oktober nees zu Ierpeldeng an der Hal Tennis spillen, ass de Bistro natierlech weider fir iech op an d'Equipe ronderëm den « Décken » freet sech bestëmmt iech kënne bei den Tennisterrainen ze begréissen.

Am September stoung dann nach eisen traditionellen Tournoi Marcel Nilles um Programm. Vum 10. bis den 19. gouf do praktesch all Dag richteg usprochsvollen a spannenden Tennis gespillt. Am Ganzen haten sech 28 Spiller fir dësen Tournoi ageschriwwen. Folgend Spiller hunn sech schliisslech an deene verschiddenen Tableau'en duerchgesat :

- D'Lynn Siebenaler bei den Damen am Tableau 3.1.
- De Charles Berna bei den Hären am Tableau 1. Elite
- De Johny Mergen bei den Hären am Tableau 3.1.
- De Manuel Lepage bei den Hären am Tableau 5.1.

Aus Schierener Siicht ass natierlech de Johny Mergen ervirzetrieden. Vun dëser Platz nach eng Kéier Felicitatioun un hie fir déi gutt Leeschtung.

Nieft deem offiziellen Tournoi hu mir awer och zur selwechter Zäit een « Jux-Dubbel » fir eis Memberen organiséiert. Am Ganze ware 6 Equippen ugemellt. Si waren alleguer mat vill Spaass un der Saach dobäi, ouni sech awer ee Ball ze schenken. Merci och hinne fir d'Matspillen an hoffentlech bis d'nächst Joer.

Am Hierscht gëtt och ëmmer d'Coupe ausgedroen, wou mer dëst Joer just eng Hären Equipe ugemellt hunn. Leider hunn si géint Ëlwen de Kierzere gezunn a goufen eliminéiert.



Finall Damen Tableau 3.1



Finall Hären Tableau 1. Elite



Finall Hären Tableau 3.1

Den 02. Oktober war zu Mënsbech d'Assemblée générale vun der FLT, wou eng Delegatioun vum TC Schieren present war. No dem exzeptionelle Joer war et ganz flott sech rëm ënnert de Clibb ze begéinen a bei engem Patt sech auszetausche, wéi d'Liewen an de Veräiner nom „Corona Joer" ausgesäit.

Mir kéimen dann zum Schluss vun eiser Summersaison 2021. Als läscht géife mer iech dann nach op dëser Platz häerzlech op d'AG vum Schierener Tennis invitéieren, déi den 19. November am Bistro „Beim Décken" wäert ofgehale ginn.

*Fir den TC Schieren Ann & Laura*




E flotten Tennisdag op Nationalfeierdag




Finall Jux-Dubbel Tournoi




Damenequippe (et feelen Herrman Michele a Nilles Jessica)



# Chorale – Generalversammlung 2021

Nodeems dass duerch déi aktuell Covid Situatioun eis Generalversammlung, déi fir den 22. Januar virgesi war, huet misse verluecht ginn, huet dës Versammlung dunn den 17.06.21 um 19h00 am klenge Krees am alen Atelier stattfonnt.



An der Begréissung vum President gouf der laangjäreger Sekretärin, dem Margot Majerus, Merci gesot fir hir Aarbecht, déi si wärend ville Joren geleescht huet. D'Sekretariat gëtt dann elo vum Monique Ley assuréiert.

E grousse Merci goung un d'Gemeng fir hir finanziell an all aner Ënnerstëtzung. Och e Merci un eis Musek, déi direkt averstane war, fir hire Proufsall mat der Chorale ze deelen.





Den Aktivitéitsbericht vun 2020 war duerch déi bekannten Ëmstänn relativ reduzéiert, an och bei de Previsiounen fir 2021 stoungen ausser der Oktavmass, an d'Têleesmass déi mir den 28.04. an der Kathedral an den 06.06. op Härläichendag zu Schieren gesongen hunn, keng speziell Evenementer um Programm.

De Keeserapport huet och bewisen, dass d'Finanze vum Veräin nach gesond sinn. D'Caisse Kontrolleren, de Camille Schartz an de Pierre Gillen hunn d'Korrektheet vun der Comptabilitéit confirméiert an sinn och nees bereet fir d'Kees vun der Chorale weider ze kontrolléieren.

A senger Ried huet den Dirigent Jean Gehlen bedauert, fir de grousse Concert, dee mir schonns fir 2020 geplangt haten, nees fir 2021 ofzesoen. Mee hien huet verséchert, dass hien versicht mat den néidege Moyenen d'Chorale weider ze féieren.

An dëser dach schwéierer Zäit gouf ausgemooss, esou dass d'Membere vun der Chorale mat der néideger Distanz konnten a kënne prouwen an an der Kierch sangen. Vill neit Material vu Kierchelidder gouf bis ewell ageprouft an och schonns gesongen.

Têleesmass fir 2022 ass och schonns zougesot, mir sangen, wéi et laang Joren Traditioun ass, dës Mass op Härläichendag.

Een Zil vum Dirigent ass et, all eis Sänger ze motivéieren, an och nei Sängerinnen a Sänger ze fannen, fir eis Chorale opzebauen.

An der Usproch vum Här Paschtouer Romain Richer huet hie betount, dass et eng grouss Aufgab vun der Chorale ass, fir Mënschen ze encadréieren.

Hien huet bemierkt, dass eis Par Ettelbréck Sts. Pierre et Paul an deene 5 Uertschaften, dorënner och Schieren, e gudde Kierchechouer huet, mat gudden Dirigenten an gudden an engagéierten Organisten. Et wär schonns eng Leeschtung fir trotz der Mask ze sangen. Och wär hien mat der Equipe Pastorale fir d'Chorale do, wann si gebraucht géifen.



Als Ofschloss huet de Buergermeeschter Eric Thill d'Wuert un d'Chorale geriicht. Hien wär frou fir present ze sinn, an huet betount,wéi wichteg et ass, nees zesummen ze sinn, a gesond ze sinn.

An sengem, esou wéi am Numm vun der Gemeng huet hien e grousse Merci fir d'Engagement vun der Chorale ausgedréckt. Hien wënscht alle Sängerinnen a Sänger, dass si an der Zukunft nees kënnen ouni Mask sangen.

Wichteg fir d'Gemeng ass, dass mat der Benotzung vum Musekssall d'Prouwe vun der Chorale kënne weiderhin stattfannen, an den Eric huet och an deem Sënn nach emol e Merci un d'Musik adresséiert.

Zum Schluss huet de Buergermeeschter der Chorale d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng veréchert, sief dat duerch de Subside, oder soss eng logistesch oder organisatoresch Hëllef.

Nach eng kleng Rektifikatioun wat eis Prouwen ubelaangt. Am leschte Louis hate mir vermierkt, dass d'Prouwen jeeweils Donneschdes vun 19h00 bis 21h00 stattfannen, mee mir prouwen awer nëmme bis 20h30

Musikalesch Gréiss a bleift gesond

Är Chorale

*Text/Fotoen: Ley Monique*







# Gaart an Heem Schieren

## Léiffrawëschdag

Léiffrawëschdag

Den Erléis vun eise Wëscher, an och een Deel vum Verkaf vum Quetschekraut, ass dëst Joer fir d'„Wonschkutsch a.s.b.l.".



## Quetschekraut

Merci all den Dammen an Hären déi eis och dëst Joer gehollef hunn beim Quetschekraut.

Ouni si kéinte mir dat net méi maachen.



## Aktioun Päiperlek 2020 an 2021

D'Aktioun Päiperlek ass gutt ukomm.

Wéi ugekënnegt publizéiere mir an dësem Louis d'Fotoen, déi mir vun de Leit eragescheckt kruten.

An eiser nächster Generalversammlung kréien si ee klenge Kaddo.



Birchen Jos



Gillen Josiane



Giulioni Eliane



Zeimes Jean-Paul



Zeimes Jos



Zimmer Martine

## Lokal Equipe – Schierener Par

**Léif Schierener Leit,**
**Alles huet seng Zäit.**

Viru ville Joren hu mir hei zu Schieren e Parrot gegrënnt. D'Iddi war fir de Paschtouer an der Organisatioun vum Parliewen z'ënnerstëtzen. An Tëschenzäit si 35 Joer vergaangen. Et waren eng Partie Leit di am Laf vun de Joren matgeschafft hunn an zesumme konnte mir Villes organiséieren. Et huet ëmmer Freed gemaach fir zesummen ze schaffen, souwuel fir d'Kanner ewéi fir di Erwuessen. Mir waren awer och stolz fir wärend ville Joren de Floumaart z'organiséieren a mam Erléis villen Slum-Kanner zu Bonnievale a Südafrika eng besser Liewenschance z'erméiglechen.

D'Zäiten hu geännert. D'Pare goufen an engem Parverband zesummegeschloss. Schieren huet säitdeem zum Parverband Ettelbréck gehéiert an aus eisem Parrot ass eng Paréquipe entstaanen. Virun e puer Joer ass aus Schieren, Colmer, Mäerzeg, Feelen an Ettelbréck eng grouss Par ginn, d'Par Ettelbréck.

Dëst huet ganz sécher seng Berechtegung, awer villes huet sech domadder geännert. Dat Schaffen an eiser Schierener Par, wéi mir dat säit ville Jore gewinnt waren, ass net méi méiglech; eis Berodung ass net méi gefrot an all Entscheedunge ginn op anere Plaze getraff.

Dofir hu mir, zesumme mat der Famill Gillen, no laangem Iwwerleeën d'Decisioun getraff fir net méi Member vun der Lokal Equipe (dëst ass lo de neien Numm) ze bleiwen. Sollte mir mol gebraucht ginn, si mir gär bereet eng Hand mat unzepaken. Och ouni eis geet et virun an der Schierener Par.

Mir soen iech alleguerte Merci fir di gutt Zesummenaarbecht wärend deene ville Joren.

*Agnès a Camille Schartz*
*Josiane a Pierre Gillen*

## Léif Leit

Och wärend der Pandemie war d'Kulturkommissioun net inaktiv.

Leider goufen duerch déi sanitär Moossnamen deen een oder aneren organiséierte Concert annuléiert.

Trotzdeem hu mir, zesumme mat der Gemeng, no aneren Iddien gesicht, wéi z.B.:

– D'Duerf duerch Foto-Panneauen ze verschéineren
– D'Restauratioun vun enger Telefonskabinn, déi bei der Fäerdegstellung vum Neibau als Duerf-Bibliothéik benotzt ka ginn.
– D'Fonktionnement vun dëser Bibliothéik gëtt vun der Kulturkommissioun assuréiert

Verschidden aner Iddien stinn nach am Raum, déi awer leider vun der Covid 19 Situatioun ofhängeg sinn.

Mir wënschen iech weiderhin eng gutt Gesondheet.

Am Numm vun der Kulturkommissioun

*Kayser Alfred*

# FC Jeunesse Schieren – Saison 2020–2021









## FC Jeunesse Schieren – Saison 2021–2022



# D.C. Red Barons Schieren

## Endlech!

No 1 Joer a 7 Méint ass et dann erëm souwäit. D'Championnat vum Darts kann nees opgeholl ginn. Den 22. Oktober start déi nei Saison vun der Éierepromotioun vun der EDFL. Lass geet et mat engem Auswäertsmatch bei de Kolleege vum Check-Out zu Bäreldeng.

Well keen sou richteg weess wou en drun ass, versprécht et och eng ganz interessant Saison ze gin… En plus hunn d'Red Barons quasi zu 40% een neie Kader mat 3 Rookien déi dann och direkt kënne beweise wat se wäert sinn.; ☺

Bei den Alexis, Eric, Messias, Luc an Alain, déi elo awer well 3 Saisonen mat de Barons um Bockel hunn, kommen de Michael, Dave an Dany, och allen 3 vu Schieren, als nei Verstäerkungen dobäi. A mat all der Motivatioun déi am Veräin ze spieren ass, kann et nëmmen eng gutt Saison ginn.

**Go Barons!!!**

## CHAMPIONNAT 2021/2022

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 1. | 22.10.2021 | @ | Check Out B | Brasserie du X Octobre/Bereldange |
| 2. | 29.10.2021 | vs | Brummi B | |
| 3. | 12.11.2021 | @ | Flying Bulls B | Café Manhattan/Walferdange |
| 4. | 26.11.2021 | vs | Bulldogs A | |
| 5. | 03.12.2021 | vs | Crystal Darts | |
| 6. | 10.12.2021 | @ | Sum Sum | Fogo a Lenha/Käerjeng |
| 7. | 14.01.2022 | vs | Harlekeng | |
| 8. | 11.02.2022 | vs | Check Out B | |
| 9. | 25.02.2022 | @ | Brummi B | Brasserie New Lagune/Sanem |
| 10. | 11.03.2022 | vs | Flying Bulls B | |
| 11. | 18.03.2022 | @ | Bulldogs A | Nidderkuerer Stuff/Niedercorn |
| 12. | 01.04.2022 | @ | Crystal Darts | Café de l'Avenue/Schifflange |
| 13. | 22.04.2022 | vs | Sum Sum | |
| 14. | 29.04.2022 | @ | Harlekeng | Diekircher Stuff/Echternach |

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Coupe de Luxembourg:** | Tour **1** | 19.12.2021 | Centre Culturel Kopstal |
| | Tour **2** | 06.02.2022 | |
| | Tour **3** | 27.03.2022 | |
| | Tour **4** | 08.05.2022 | |

# TURNVERÄIN SCHIEREN
a.s.b.l.



## SAISON 2021-2022,
## À PARTIR DU 21 SEPTEMBRE*

>> COTISATION FAMILLE: 150€ <<

* pas de cours pendant les vacances scolaires

### KONDITIOUNS-A FITNESSTRAINING, STEP — MARDI DE 19H30 À 20H30

**(pour dames)**
Exercices de renforcement musculaire. Tonification de la silhouette.
**où: salle Omnisports à Schieren / cotisation: 90€ par saison**

### GESONDHEETSTURNEN FIR ALL ALTER — MARDI DE 8H30 À 9H30

**(pour dames)**
La pratique du sport ne souffre pas du poids des ans! Les exercices proposés sont destinés à entretenir votre corps, à renforcer vos muscles et à affiner votre silhouette.
**où: salle Omnisports à Schieren / cotisation: 90€ par saison**

### SELF-DEFENSE-MIXTE — VENDREDI DE 18H00 À 19H30

**(pour adultes et enfants à partir de 5 ans)**
Il se peut que, d'un moment à l'autre, vous vous trouviez dans une situation où votre vie est en danger. Venez apprendre dans nos cours à réagir vite, tout en connaissant vos limites et vos possibilités.
**où: salle Omnisports à Schieren / cotisation: 50€ par saison**



### RECKENTURNEN — JEUDI DE 9H30 À 10H30

**(pour adultes)**
Exercices de renforcement musculaire du dos.
**où: salle Omnisports à Schieren / cotisation: 90€ par saison**

### NEI GLÄICHGEWIICHTS- AN GESONDHEETSTURNEN — MERCREDI DE 9H30 À 10H30

**(pour adultes)**
La mobilité, c'est la pérennité de l'indépendance. Les exercices sont destinés à maintenir votre équilibre et votre mobilité afin de réduire le risque de chutes.
**où: Aalen Atelier à Schieren / cotisation: 90€ par saison**

**RENSEIGNEMENTS :** Juliette Kemp: +352 621 501 134 - Monique Thill: +352 621 726 752

# Summeraktivitéite fir di Jonk vun der Nordstadjugend

Nodeems d'Summeraktivitéiten d'läscht Joer zimmlech spontan no ville Covid-Restriktiounen an d'Liewe geruff goufen, huet d'Personal vun der Nordstadjugend och dëst Joer nees e flotte Summer-Programm fir di Jonk tëscht 12 a 26 Joer opgestallt. Zil dovunner war, hinnen e flotten an erliewnisräiche Programm mat vill Beweegung, Spaass an Action unzebidden.



Wärend 4 Woche stoung Konscht, Kultur, Sport a Spill um Programm: fir Kajak a StandUpPaddle, Floossbau, „Natur a Sport erliewen" a Grill&Chill ware mir op de Stau. Och Wakeboard a Waasserschi hu fir vill Furri an Erfrëschung gesuergt. Et gouf e MountainbikeCamp vun 3 Deeg, wou et souwuel iwwer flott Pisten duerch d'Éislecker Landschaften a Bëscher goung, awer och de Knowhow an d'Technik vum Vëlo gouf deene Jonken erkläert. Adrenalin an Thrill gouf et wärend 2 Deeg am Europapark, mee och am Héichseelgaart an op der Kartingspist goufen et sou munch spannend a flott Momenter.









Di Jonk konnten hirer Kreativitéit dann och fräie Laaf loossen a sech beim Graffiti & SprayArtPainting kënschtleresch austoben.

Do dernieft hu mir Visitte gemaach op d'Veianer Schlass an an d'Grottes de Han, mir hu Frisbee-Golf an Darts gespillt an 2 flott Hiken duerch de Mëllerdall an d'Nordstad hunn di Jonk an och d'Educateuren alt mol un d'Schweesse bruecht.

D'Wieder huet leider net ëmmer matgespillt, mee trotzdeem war jidderee begeeschtert an de Feedback war vun alle Säiten immens positiv.





# Phantasialand Brühl – 13. September 2021

Endlech, den 13. September war et nees esouwäit, mir konnte mat eiser Klibberequipe (7 Massendénger, hir Geschwëster an e puer Mammen) an d'Phantasialand fueren. Si all haten dozou bäigedroen, datt fir d'Ouschteren a ganz Schieren konnt geklibbert ginn. Fir de Bus voll ze kréien, hu mer nach e puer Familljemembere matgeholl. Fir mech an och d'Agnès war et allerdéngs dee leschten Ausfluch, well mir eis no laange Joren aus der Par zeréck gezunn hunn. 25 Joer hunn ech an der Par geschafft, als jonk Mamm am Grupp Kannermassen, spéider bei de Virbereedungen ob d'Kommioun an d'Firmung oder de Familljemassen, an di lescht Jore war ech als Massendéngerresponsabel täteg. Et huet sech an all deene Joren vill geännert, an iergendwann kënnt Zäit fir opzehalen.



Eng Nofollgerin fir de Massendéngerresponsabel huet sech awer schnell font, d'Brigitte Hamen huet déi Aufgab iwwerholl. D'Brigitte mécht dat ganz gutt an ech wënschen him, datt seng Massendéngerequipe nach laang esou zesumme bleift an si nach vill Ausflich an aner Aktivitéite kënne man.

Pünktlech um 7.30 Auer stoung eis Band am Haff vum Voyages Schmit, geimpft an/oder getest! Merci, deenen 2 Mammen déi eis Sonndes Owes d'Tester gemaach hunn! All negativ getest a positiv gelaunt, ass et dunn a Richtung Brühl gaangen. Ënnerwee hu mir eng kleng Paus gemaach an et gouf sech gestäerkt mat engem Kaffiskichelchen.

Am Park hate mir nees emol gutt Platz, esou wéi mir dat kenne wa mer de September reesen. ... an d'Wieder war wéi ëmmer perfekt! Alles wat méiglech war ass ausprobéiert ginn, a net nëmmen 1 mol, ob der „Wildwasserbahn Chiappas" ass d'Boot net méi verlooss ginn! Um Colorado si grouss a kleng duerchernee geräselt ginn bis se blo Plazen haten. Am „Das verrückte Hotel" hate jonk an al Spaass an och den 4D Kino huet nom Mëttegiessen dem Mo gutt gedoen. Och wa mir d'Masken nach vill hu missen undinn, zu Brühl war d'Pandemie definitiv vergiess!

*Josiane Gillen*











# Schierener Meedercher on Tour

Bal ganz onbemierkt huet sech ënnert der Initiativ vum Tessy Hansen mat e puer Frëndinnen aus der Kannerzäit eng Amicale vun de fréiere Meedercher vu Schieren gebilt, déi sech reegelméisseg treffe fir Aktivitéiten zesummen ze maachen. Et sinn dat Dammen, déi an de fofzeger Joren zu Schieren gebuer sinn oder an de sechzeger Joren do an der Primärschoul waren. Déi wunne lo verspreet duerch d'Land a si ginn zesummegehal duerch hir fréier Kanner- oder Primärschoulszäit. Sou gutt wéi d'Coronapandemie et erlaabt, treffen si sech dann fir en Ausfluch ze maachen, eppes kucken ze goen an al Erënnerungen opzefrëschen. Hei e klengen Iwwerbléck vun hirem Programm vun dësem Joer.



De 25. Mee ware si zu Iechternach op enger improviséierter Sprangprëssessioun, wou si op d'Weis vun engem Handy do gespronge sinn. D'Leit laanscht d'Strooss hunn den Daumen héichgehal fir hinnen ze weisen, datt si dat gutt fonnt hunn. Spontan huet sech hinnen dunn och nach eng Grupp vun Harmonikaspiller ugeschloss, déi si bis an d'Basilika begleet huet.



Den 9. Juni ware si um Koultour zu Schieren, wou si dem Marc Schoentgen seng Fotoe vum Biertrenger Schlass kucke gaange sinn, déi hien op de Panneaue vun der Schierener Gemeng ausgestallt hat. Do sinn dann och Kandheets-erënnerungen opgedaucht, well si vill an dacks an der Routbuchenallee gespillt hunn a well d'Biertrenger Schlass si schonn deemools faszinéiert huet. A wéi e klengt Meedchen dreemt nit scho mol dervun, als Prinzessin op engem Schlass ze liewen?





v.l.n.r.: Thérèse Binsfeld, Yvette Arendt-Steffen, Bärbel Krüger, Margot Albert, Juliette Theisen, Jeanine Wagner, Tessy Hansen, Merz M-Jeanne, v.sitz. Marianne Schumacher-Gengler

Den 11. August gouf en Ausfluch op den Iechternacher Séi gemaach, wou si sech kënneg gemaach hunn iwwer all déi Ëmbauaarbechten déi am Ament do oflafen. Nom Spadséiergank sinn si och nach op Iechternach gaang fir sech den Ausmooss an d'Schied vum terribelen Héichwaasser unzekucken.

De leschten Ausfluch vun dëser Amicale war de 6. Oktober op Beefort a seng zwee Schlässer, iwwregens och eng Plaz wou duerch de ville Reen um ale Schlass eng Mauer an e Koup gefall war. Och wann d'Wieder nit sou richteg matgespillt huet, sou war et awer e flotten Tour ginn; den Apero hunn si spendéiert kritt vum Annette Scheer, dat a senger Kandheet och zu Schieren bäigezu war, an dat déi Zäit di bescht Spillkomerodin vum Bärbel Krüger war. Fir d'Mëttegiessen hunn si sech de Menü am Hotel Meyer gutt schmaache gelooss.



Duerno hu si nach hir nächst Sortie geplangt, an dat ass da warscheinlech eng Fotoausstellung zu Senneng am ale Pompjeesschapp mam Thema « 9/11 Never Forget « vun New York, well d'Marianne Gengler an d'Tessy Hansen waren an hirer Jugend jo aktiv Membere vun de Schierener Pompjeeën.

Di Schierener Meedercher vu fréier hunn sech och en neien Numm zougeluecht, a si nennen sech vun elo un « Schierladies »







© Schoentgen Marc

# De Panorama




## Sicht déi 10 Feeler am Bild



D'Opléisung fannt Der am Louis Nr. 65.

# De Panorama

## Hei d'Opléisung aus dem Louis Nr. 63





# La valeur des sacs-poubelles grimpe

**Les cartons + 100 %, les bouteilles en plastique + 70 %, le prix de nos déchets grimpe. Encore une bonne raison d'être encore plus sélectif, plus attentif au tri de nos déchets dans nos sacs poubelles.**

Pétrole, gaz, bois, acier...les prix des matières premières s'envolent depuis quelques mois. Ce phénomène n'épargne pas les matières premières dites « secondaires », c'est-à-dire les matériaux issus du recyclage de déchets. Plusieurs produits phares de nos sacs-poubelles ont vu leur prix grimper ces derniers mois.

## La valeur des papiers/cartons a doublé

Entre le 1er janvier et le 1er août, les indices de prix du PET transparent – le plastique utilisé notamment pour produire des bouteilles, a ainsi grimpé de 70 % sur son marché de référence. Ceux de l'aluminium utilisé pour produire des cannettes, de 35 %. Quant aux vieux papiers et cartons, leur valeur a été multipliée par plus de deux en moins d'un an.

## La raison

La hausse s'explique par le redémarrage simultané des économies mondiales après la crise sanitaire. Les ressources utilisées à la fabrication, sont tout-à-coup fortement demandées. Cette augmentation de la demande entraîne une hausse des prix.

Pour le papier/carton, c'est surtout le boum de l'e-commerce qui pousse les prix vers le haut. Pour emballer les marchandises qui seront expédiées à votre domicile, des millions de caisses sont produites. En conséquence, la demande de carton recyclé a explosé.

Cette hausse intervient à un moment opportun, car de nombreux coûts liés au traitement des déchets ont augmenté. De plus, la technologie du tri ne cesse d'évoluer et nécessite des investissements. Les entreprises qui utilisent ces matières recyclées sont de plus en plus exigeantes en terme de qualité.

Le tri de ces déchets est plus gratifiant que par le passé grâce à un recyclage plus efficace et plus précis.

**Plus vous trierez vos déchets, plus la nature vous dira merci ...**






# Klimaschutz und Kühl-/Gefriergeräte

Richtig handeln bei Kauf und Entsorgung

# Protection du climat et réfrigérateurs / congélateurs

Agir responsablement à l'achat et à l'élimination

Ein gutes Gerät soll zuverlässig und sparsam sein und eine lange Lebensdauer haben. Bei vielen Geräten sind die Betriebskosten in ihrer Lebensdauer deutlich höher als ihr Kaufpreis. Besonders sparsame Geräte sparen deshalb im Laufe der Jahre wesentlich mehr an Stromkosten ein, als sie bei der Anschaffung teurer sind.


Achten Sie daher auf das Label mit der Energieeffizienzklasse. Wertvolle Informationen finden Sie auch bei **www.oekotopten.lu**. Bei der Entsorgung sollte strikt darauf geachtet werden, dass diese über die von **Ecotrel** autorisierten Kanäle erfolgen (siehe **www.e-collect.lu**).

Un bon appareil doit être fiable, économique et avoir une longue durée de vie. Pour de nombreux appareils, les coûts d'exploitation tout au long de leur vie sont significativement plus élevés que leur prix d'achat. En conséquence, les appareils particulièrement économiques permettent d'épargner davantage sur les coûts d'électricité au fil des années que sur leur coût d'achat.

Faites donc attention à l'étiquette avec la classe d'efficacité énergétique. Vous trouvez également des informations précieuses sur **www.oekotopten.lu**. L'élimination doit être strictement basée sur les canaux autorisés par **Ecotrel** (voir **www.e-collect.lu**).

## Ressourcenpotential Kühlgeräte

## Potentiel de ressources Réfrigérateurs




**Wichtigste Outputströme**
**Les flux plus importants**

| Eisen-, Kuper und Aluminiummetalle, Polystyrol, Ölbinde-mittel ÖkoPUR<br>Fer, cuivre, aluminium, polystyrène, liant d'huile, ÖkoPUR | Ersatzbrennstoffe<br>Carburants de remplacement | FCKW<br>CFC |
|---|---|---|

Produktempfänger / Destinataire:
SEG-Umweltservice GmbH ,
D-Mettlach/Saar
www.seg-online.de

## Vermeidung
## Prévention

Achten Sie beim Kauf von Geräten auf die Energieeffizienz (den Stromverbrauch) ! Ein höherer Anschaffungspreis kann sich oft nach wenigen Jahren amortisieren.

Nachhaltigkeit ! Prüfen Sie neben der Energieeffizienz auch Aspekte wie Reparaturfreundlichkeit, Lebensdauer und soziales Engagement des Herstellers.

Aufstellort und Art des Gerätes ! Die Umgebungstemperatur spielt eine grossse Rolle beim Energieverbrauch. Wählen Sie die Art des Gerätes (Kühl-Gefrierkombination oder Einzelgerät) je nach Bedarf.

Behandlung von Altgeräten ! Achten Sie bei Handhabung und Transport insbesondere darauf, dass die Kühlschlangen nicht beschädigt werden.

Lors de l'achat d'appareils, veillez à l'efficacité énergétique, c'est-à-dire à la consommation d'énergie ! Un prix d'achat plus élevé aujourd'hui peut s'avérer plus rentable sur le long terme.

Développement durable ! En plus de l'efficacité énergétique, vérifiez également les aspects tels que la facilité de réparation, la durée de vie et l'engagement social du fabricant.

Emplacement et type d'appareil ! La température ambiante joue un rôle majeur dans la consommation d'énergie. Choisissez le type d'appareil (réfrigérateur-congélateur ou appareil unique) selon le besoin.

Manipulation des appareils usagés ! Lors de la manipulation et du transport, veillez à ce que les serpentins de refroidissement ne soient pas endommagés.

## Entsorgung und Verwertung
## Elimination et recyclage

- Entsorgen Sie Kühlgeräte über die von **Ecotrel** autorisierten Kanäle: lokaler Recyclinghof - Gemeindedienste - mit **Ecotrel** konventionierte Entsorger.
- Die von **Ecotrel** beauftragte SuperDrecksKëscht® kümmert sich darum, dass die Geräte nach der Circular Economy-Philosophie nach höchstem Stand der Technik verwertet werden.

ecotrel
association sans but lucratif
www.e-collect.lu

- Débarrassez-vous des appareils de réfrigération via les canaux autorisés par **Ecotrel**: centre de recyclage local - services communaux – collecteurs conventionnés par **Ecotrel**.
- La SuperDrecksKëscht® ,le sous-traitant d'**Ecotrel**, garantit que les appareils sont recyclés selon la philosophie « Circular Economy » en se basant sur les normes les plus élevées de la technologie.

# Informations utiles

facebook.com/gemengschieren

## Administration Communale de Schieren

90, route de Luxembourg • L-9125 Schieren
contact@schieren.lu • www.schieren.lu

| Heures d'ouverture : | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Lundi | 7 h 30 – 11 h 30 | 13 h 30 – 16 h 30 |
| Mardi | 7 h 30 – 11 h 30 | 13 h 30 – 16 h 30 |
| Mercredi | 7 h 30 – 11 h 30 | 13 h 30 – 16 h 30 |
| Jeudi | fermé au public | 13 h 30 – 18 h 00 |
| Vendredi | 7 h 30 – 11 h 30 | fermé au public |

### Centrale

Tél. : 81 26 68 - 54

### Secretariat

secretariat@schieren.lu

**Camille Schaul**
Tél. : 81 26 68 - 50

**Yves Weis**
Tél. : 81 26 68 - 57

### Recette

recette@schieren.lu

**Nora Esslingen**
Tél. : 81 26 68 - 55

### Population

contact@schieren.lu

**Sandy Cesar**
Tél. : 81 26 68 - 54

### Service Technique

technique@schieren.lu

**Michel Pütz**
Tél. : 81 26 68 - 52

**Tanja Marin**
Tél. : 81 26 68 - 53

### Atelier Communal

Tél. : 81 26 60

### École

Tél. : 81 70 53 - 42

### Éducation Précoce

Tél. : 27 72 04 56 / 81 68 62

### Crèche

Tél. : 26 80 57 90

### Maison Relais

Tél. : 81 70 53 - 60


SchiereN
FACEBOOK.COM/GEMENGSCHIEREN
WWW.SCHIEREN.LU